menter dran. Dat éischt ass d'Formatioun vun den Demandeurs d'emploi, woumadder een d'accord ka sinn.

Mä wat hannendru steet, dat ass: «...et à procéder à une définition des droits des chômeurs tenant compte des efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi». Dat ass fir mech als Salariatsvertrieder e geféierleche Saz, deen an d'Richtung féiert, dass den Hannergedanken do ass, fir d'Rechter vun de Chômeuren eventuell ofzeschwächen.

Ech mengen, wann deen Abschnitt géif ewechgelooss ginn, da kéint ee mat deem zweeten Abschnitt vun der Motioun d'accord sinn, awer net, wann esou dosteet a schonn d'office gesot gëtt, dass an engem Projet de loi direkt d'Rechter vun de Chômeuren op de Leeschtungsprinzip sollen opgebaut ginn. Domat kann ech awer net d'accord sinn.

M. le Président.- Ee Saz, Här Minister!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Jo. Ee Saz.

(Interruption)

...geäntwert, wat den Här Meisch gesot huet. Zu deenen zwee Sätz ass et esou, dass éischtens elo schonn d'ADEM Formatioune ka maachen, an do gi mer am Gesetz méi wäit a gi méi Méiglechkeeten. Dat hunn ech virdru gesot.

Deen zweete Saz ass eigentlech iwwerflësseg, well d'Efforts propres hu mer zënter dem 5611, mat deem jo net jiddferee vun lech heibannen d'accord war, an d'Gesetz drageschriwwen. Dat heescht, just dee Punkt vun Efforts propres hu mer schonn zënter dem 5611.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Ech hu verstanen, dass den Här Meisch domat d'accord ass, dass mer déi Motioun hei zréckstellen. Dann ass déi Debatt och ofgeschloss.

Mir kommen zréck zum Projet de loi vun der Madame Minister Jacobs. Et ass um nächste Riedner. Dat ass den honorabelen Här Berger.

6. 5754 - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille (suite)

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass den Internationalen Dag vun de Rechter vun de Kanner. Haut presentéiert och den Ombudscomité fir d'Rechter vun de Kanner säi Rapport. Ech mengen, et ass eng gewësse Symbolik, wa mer dann also och haut an der Chamber de Projet de loi iwwert d'Aide à l'enfance diskutéieren an dann och herno wäerten ofstëmmen.

Ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Ech wéilt och kloer soen, datt d'DP d'Iddi begréisst vun der Schafung vun engem Office national de l'enfance. D'Iddi derhannert ass jo, datt ee soll évitéieren, datt déi Jonk, déi a Problemsituatioune sinn, direkt mat der Justiz konfrontéiert solle ginn, an datt och an engem gewëssene Sënn vläicht preventiv soll gewierkt ginn.

D'Situatioun hei zu Lëtzebuerg ass jo leider net esou erfreelech, wann een d'Statistike kuckt. Ech referéiere mech elo op dat, wat ech haut a verschiddenen Zeitunge gelies hunn. Et ass esou, datt iwwer 850 Jugendlecher a verschiddenen Instituter hei zu Lëtzebuerg respektiv och am Ausland a Strukturen ënnerbruecht sinn.

Fir d'DP ass et duerfir wichteg, datt d'Qualitéit vum Encadrement an d'Interesse vun deene Jonken, déi an Nout gerode sinn, mussen am Mëttelpunkt stoen. Jonk Leit, déi Problemer hunn, musse frëi detektéiert ginn. Si musse méi schnell gehollef kréien a si mussen adequat gehollef kréien.

Besonnesch d'Ofsiicht vun dësem Projet, dass d'Mesurë fir déi Jonk, déi an Nout gerode sinn, solle koordinéiert ginn, ass ervirzesträichen, well nëmmen da kënne mer eppes maache géint den héije Pourcentage vu Selbstmorden, dee mer hei zu Lëtzebuerg awer leider bei Jugendlechen hunn. Nëmmen da kënne mer eppes maache géint d'Jugendkriminalitéit. Nëmmen da kënne mer insgesamt eppes maache fir d'Wuelbefanne vun eise Jonken hei am Land.

Eis schéngt eng Aart „case management", fir dat emol esou ze nennen, wéi se dann am virleiende Projet als Iddi zugronn läit, déi richteg Approche se sinn, fir dës Ziler ze erreechen.

Mir brauchen e kontinuéierleche Suivi vun den Dossieren an eng Koordinatioun vun deene verschiddene Servicer, déi intervenéieren.

D'Fro awer ass, ob mer dës Ziler mat deem virleiende Projet wäerten erreechen. An ech muss lech soen, datt ech awer do e bësse skeptesch bleiwen.

Firwat? Mir musse feststellen, datt ee keng ganz kloer Opdeelung gesäit vun deene verschiddene Rollen an der Lëtzebuerger Landschaft vun der Jugendhëllef.

Wéi e Rôle genau iwwerhëlt an Zukunft den ONE? Beschränkt e sech op dat, wat ech „case management" genannt hunn, dat heescht d'Koordinatioun vun der Aarbecht ronderëm déi Jonk, déi an Nout gerode sinn, oder - wat ee ka vermuten - wëllt en och méi wäit goen? Mä wéi wäit wëllt hien da goen?

Am Artikel 6 vum virleiende Projet steet, datt den ONE ënner anerem d'Aufgab hätt, d'Schwieregkeeten an d'Ressourcë vun engem Kand ze evaluéieren, e Projet d'intervention ze validéieren an de Suivi dovunner ze maachen. Dat ass relativ allgemeng gehalen.

Déi Fro, déi ech mir stellen, ass: Wat mécht den ONE dann eigentlech herno wierklech konkret?

Ech hu gemengt erauszehéieren, och scho bei menger Virriednerin an dësem Dossier, datt do och awer e klengt Fragezeichen am Raum kéint stoen. Den ONE soll also eng Diagnos entwéckelen, eng Therapie proposéieren, an dann de Suivi dovunner assuréieren, fir dat emol an de grousse Linnen ze ëmräissen.

De Risiko läit op der Hand, datt een domat de gesamte sozioéducative Secteur zu engem rengen Exekutant kann degradéieren, oder datt dann den ONE herno en dominante Service provider an deem ganze Beräich kéint ginn. Dat ass eng Suerg, déi ech net eleng deelen, well och de Statsrot hat a sengem Avis Folgendes geschriwwen, ech zitéieren: «Aussi le Conseil d'État estime-t-il que la loi devra trouver un juste équilibre entre une approche où les prestataires privés auront fonction de simples exécutants et une optique respectant davantage l'autonomie du secteur d'aide à l'enfance, englobant les intervenants éducatifs, médicaux et sociaux comme partenaires de l'Etat. Si l'ONE veut contribuer à une plus grande flexibilité du secteur, ainsi qu'à une meilleure prise en charge des enfants en détresse au Luxembourg même, son rôle de coordinateur devra surtout être celui d'un promoteur et d'un facilitateur.»

Sécherlech brauche mer am ONE och Spezialisten aus dem sozialpedagogesche Beräich, déi eng éischt Analys kënne maachen an déi da wëssen, wou se Jonker, déi en détresse sinn, kënne weider higuidéieren. Et kënnt een et e bësse vergläichen, esou gesinn ech et, mat engem Service d'urgence an engem Spidol, wou e Generalist sëtzt, deen eng Kéier de Patient kuckt an en da weiderschéckt an déi spezialiséiert Servicer an net de Suivi mécht respektiv eventuell zum Schluss sech dann nach informéiert a kuckt, ob déi ganz Saach gutt ausgaangen ass.

De Risiko ass awer, datt mer hei, mat deem virleiende Projet, eng Struktur schafen, déi déi gesamten Hëllef fir d'Kanner an Nout net koordinéiert, mä ebe monopoliséiert, an dat dann ënnert der direkter Tutelle vun dem Familljeministère. Dat däerft op alle Fall, a mengen Aen, net de Fall ginn. Dir héiert, ech schwätzen am Conditionnel, well mer kréie vläicht an Zukunft nach déi eng oder déi aner Elementer, déi eis berouege kënnen. Well wann dat nämlech de Fall wier, da wier awer do wierklech e Problem vun Transparenz a Kontroll vun den Décisiounen, déi do géifen an dem ONE geholl ginn.

Mir wësse jo, datt hei zu Lëtzebuerg d'ganz Erfahrung an och de ganzen Know-how bei den Träger vun deene verschiddene sozioéducative Servicer leien, a wa mer et net fäerdeg bréngen, dee ganzen Know-how an déi ganz Erfahrung, déi mer an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg hunn, mat afléissen ze loossen, dann hu mer herno eist Zil verfeelt, da kréie mer keng Verbesserung vun der Situatioun, mä da kréie mer héchstens eng Verschlechterung.

Dee virleiende Gesetzestext wëllt deen Know-how an d'Erfahrung doduerjer an den ONE kréien, datt zum Beispill Persounen aus dem sozioéducative Secteur fir eng begrenzten Zäit an den ONE kënnen déchargéiert ginn. Ech gesinn dobäi verschidde Problemer.

Wa mer déi Leit vun den Instituter an den ONE huelen, da feele se eis um Terrain. Bei den Associatiounen an den Träger vum sozioéducative Beräich sinn dat dann oft nach déi gutt Leit, déi dann do wäerte feelen, an déi musse sech also Neier sichen. Mataarbechter, déi aus deenen Instituter ofgezu ginn, behalen awer och eng gewëssen Dépendance vis-à-vis vun hirem Employeur: Ass dann de Mataarbechter vum ONE nach impartial, wann et dorëms geet, déi richteg Therapie an dee richtege Service ze fannen?

Ech wëll elo emol eng Kéier den Avocat du diable spillen. Mir wëssen, mir hunn hei zu Lëtzebuerg zwou, dräi grouss Organisatiounen, déi ganz gutt Aarbecht an deem Service maachen - wéi gesot, ech spillen den Avocat du diable -, kéint do net de Risiko bestoen, wann do Leit vun deenen engen an deenen aneren dra wieren, datt do jiddferee géif e bësse säi Claim wëllen ofstiechen?

D'Mataarbechter sollen och nëmme fir eng begrenzten Zäit am ONE schaffen, fir Ermiddungserscheinunge virzebeugen. Ech huelen awer och un, datt dëst vläicht gemaach gouf, fir d'Servicer aus dem sozioéducative Beräich net zousätzlech ze brüskéieren, well soss hätte se och misse fäerten, datt se hir beschte Leit definitiv ofgezu kréien. Wann dat dann elo nëmme provisoresch soll geschéien, da kann een déi Ängschten zwar ënnerbannen, mä op där anerer Säit ass d'Kontinuitéit vun dem gudde Service an deenen Instituter dann net méi onbedéngt garantéiert.

Et wier also fir mech wichteg, datt an dem ONE haaptsächlech, oder wa méiglech, nëmme Leit, och Fachleit natierlech, sollen engagéiert ginn, déi net aus de verschiddene Lëtzebuerger Instituter ofgezu ginn. An eisen Ae soll den ONE d'Koordinatioun an de Suivi vun deene verschiddene Mesuren assuréieren, an d'Entwécklung vun de spezifesche Plans d'intervention muss op der Ebene vun de spezialiséierte Servicer bleiwen.

Wann awer momentan am Text drasteet, datt d'Mataarbechter vum ONE de Plan d'intervention validéieren, dann ass dat a mengen Aen net kloer genuch. De Rôle vum Ministère a seng Implikatiounen am ONE sinn net kloer ëmrass an deem Text. Et steet dran, datt den ONE dem Ministère ënnersteet, an de Ministère bestëmmt den Direkter. Wou sinn do d'Grenzen, a wéi wäit kann dat goen?

Ech mengen et ass manifest, datt d'Gefor besteet vun enger Aflossnahm vum Ministère op Sachdiskussiounen herno, an deem Beräich oder bei dem ONE, an den Avis vun der Caritas ass jo do och relativ däitlech, ech zitéieren: «On peut juste s'interroger quel va être le rôle du Ministère de la Famille lui-même, qui a jusqu'à présent assuré ces tâches, ou si ces missions sont simplement transmises à l'ONE, il faut s'interroger par rapport à son degré d'autonomie organisationnelle et décisionnelle dans un contexte structurel où le budget de l'État met une forte pression d'économie sur le secteur social dans son ensemble et où le ministère de tutelle est déjà actuellement l'acteur principal, notamment en signant les conventions de fonctionnement, en finançant les services et l'aménagement des infrastructures, en conférant les agréments et en contrôlant la qualité et le fonctionnement.»

Et gesäit een also, datt dee virleiende Projet Méfiancen ervirgeruff huet. Méfiancë vis-à-vis vun engem Familljeministère, deen haut den Organisateur, de Financier, de Finanzkontroller an den Evaluateur vum sozioéducative Secteur hei zu Lëtzebuerg ass. Wann dat esou ass, da froen ech mech, firwat mer net higaange sinn a méi eng kloer Aufgabendeelung direkt am Text virgeholl hunn, firwat net kloer festgeluecht gëtt, datt de Ministère sech wierklech nëmmen op d'Gouvernance, also op d'Kontroll an op d'Evaluatioun vun de Mesuren herno beschränkt?

Mir hunn och eng ähnlech Situatioun - an dat ass deen zweete wichtege Volet vun dësem Gesetz - bei der Analys iwwert d'Finanzmodeller. Wann ee mat den Träger aus dem sozioéducative Beräich schwätzt, da gesäit een, datt vill vun hinnen duerchaus prett sinn, fir nei Weeër ze goen, fir e Paradigmewiessel matzedroen, well e leeschtungsbezunnenen Tarifsystem kann och fir d'Träger selwer méi Transparenz a méi Planungssécherheet bedeiten, awer natierlech nëmmen ënnert der Bedéngung, datt d'Präisser, déi ausgehandelt ginn, och fair sinn.

De virleiende Gesetzestext dréckt sech och hei e bësse ronderëm déi Fro, wéi dës Präisser géife fixéiert ginn. Dat ass awer eng wesentlech Fro fir d'Acteuren um Terrain. Dës Fro soll dann an engem Règlement grand-ducal ofgehandelt ginn. Ech mengen, och doduerjer sinn nei Méfiancë geschafe ginn, a letztendlech ass jo dann déi Iddi, déi au départ sécherlech gutt war, dorunner gescheitert, an dat ass och e bëssen ze bedaueren. De sozioéducative Secteur war net bereet, mat op deen neie Wee ze goen, well se net genee gesot kruten, wou de Wee da géif hiféieren. Mir hunn elo an der Finanzéierung eng Zwittersituatioun, déi op alle Fall net ganz zefridde stellend ass.

Här President, ech kommen elo zum Schluss. Ech wollt déi puer Remarquë maachen an och nach soen, datt mer déi grouss, ech géif soen, déi gutt Ofsiichte vum Projet deelen, well se am Sënn vun enger besserer Ënnerstëtzung a Preventioun am Intérêt vun de Kanner an de Jugendleche geduecht sinn. Et gëtt ähnlech Modeller am Ausland, déi hir Effizienz bewisen hunn, an duerfir wäerte mir och dëse Projet stëmmen. Mir wëllen him eng Chance ginn.

De Problem ass awer deen, datt mer net ëmmer genee wëssen, wéi sech d'Exekutioun vum Gesetz an der Praxis herno wäert gestalten, besonnesch op verschiddene kruziale Punkten, op déi ech elo kuerz agaang war. Et si jo och nach eng Rei Exekutiounsreglementer ze huelen, déi do méi Opschloss kënne ginn an déi eis da kënne berouegen, mä déi leie jo nach net vir.

Ech hunn awer duerfir eng Motioun preparéiert, déi ebe freet, datt mer déi Reglementer, wa se do sinn, och an der Kommissioun presentéiert kréien, fir datt mer kënnen driwwer diskutéieren. Ech sinn och frou, datt all Parteien, déi hei am Parlament sinn, dat mat ënnerschriwwen hunn, esou datt mer dann also do och kënnen e Konsens fannen.

Voilà, ech géif déi dann déposéieren an ech soen lech Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi sur l'aide à l'enfance qui introduit comme nouveau mode de participation financière de l'État un système de financement sur base des services ou prestations offerts;

- considérant l'article 16 qui stipule que les modalités de fixation des forfaits, introduites dans le cadre de ce nouveau système, seront déterminées par règlement grand-ducal;

- conscient que ceci constitue un changement d'envergure pour le milieu des services socio-éducatifs;

- préoccupée du fait que ce nouveau système risque de porter préjudice au secteur concerné;

invite le Gouvernement

- à venir présenter les règlements grand-ducaux prévus par le projet de loi sur l'aide à l'enfance dans les plus brefs délais aux membres de la commission de la famille, de l'égalité des chances et de la jeunesse.

(s.) Eugène Berger, Sylvie Andrich-Duval, Marie-Josée Frank, Gast Gibéryen, Viviane Loschetter, Vera Spautz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Berger. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydie Err.

Wollt Dir lech och aschreiwen, Här Bettel? Ech hat gemengt. Dann huet elo d'Madame Err d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg geet et ëm Kannerrechter, a Kannerrechter sinn, wéi Mënscherechter, theoretesch jiddefalls, universal. Wat awer bei Kanner speziell ass, ass, dass se Mënsche sinn, déi zwar méi kleng sinn, mä déi duerfir awer net manner Rechter sollen hu wéi déi Erwuessen. Au contraire ass et ëmmer esou, dass dat schwaachste Glidd an der Gesellschaft, an dozou gehéiere sécherlech d'Kanner, am Fong déi meeschte Protektioun an eigentlech extra Rechter bräicht, fir seng schwächer Ausgangspositioun ze kompenséieren.

Duerfir gëtt et am Beräich vun de Kannerrechter de Begrëff vum „intérêt supérieur de

l'enfant", iwwert dee scho Bicher geschriwwe gi sinn an dee relativ schlecht ze erklären ass, mä deen een op gutt Lëtzebuergesch kéint mat deem einfache Wuert ëmschreiwen, am ureegenen Intérêt vun de Kanner soll eben dann dat Moossinstrument sinn, mat deem Texter a Praxissen analyséiert ginn, fir ze kucken, ob se Kannerrecht-gerecht sinn.

Haut ass den Dag vun de Kannerrechter. Dat ass schonn ugeklongen. An et ass vläicht interessant ze soen, wat zu deenen Haaptkannerrechter geheiert.

Éischtens emol d'Recht op Nahrung an op en Daach, d'Recht op Gesondheet, op Schoul, d'Recht op Fräizäit, op Kultur, op Éischt Hëllef, géint Kanneraarbecht, géint schlechten Traitement an d'Recht sech selwer auszedrécken.

Dat just als Aféierung, fir dann dorobber ze kommen, dass dat, wat mir haut maachen, sécherlech zu der Ausféierung vun all deene Kannerrechter, déi ech elo opgezielt hunn, soll bäidroen.

Eppes sécherlech ass ganz speziell an dësem Gesetz an dëser Hisiicht z'ënnersträichen, an zwar, dass dëst Gesetz et nach eng Kéier ausdrécklech verbitt, d'Kanner ze schloen, och wann dat, Sondagen no, déi haut an der Press publizéiert ginn, nach ëmmer net esou unanime ugeholl ass.

Schloen ass, och bei Kanner, net eng Saach vu Respekt, a wa mer wëlle Gewalt géint Fraen a Gewalt en général bekämpfen, da musse mer fir d'éischt ufänken um Niveau vun de Kanner, hiert Recht op kierperlech Onversehrtheit duerchzesetzen. Eleng dofir schonn ass dësen Text ze begréissen. Och nach aus aneren Ursaachen, vun deenen déi haaptsächlech d'Déjudiciarisatioun ass.

D'Déjudiciarisatioun, déi begréisst gëtt. Wann dat vun engem ass, deen aus dem Milieu vum Judiciaire kënnt, da weess een, dass ee sech domadder net beléift mécht. Dat ass awer sécherlech keng Ursaach - et geet net op e Grapp voll un - fir net zu senger Meenung ze stoen. Mä et muss een awer trotzdeem ganz kloer maachen, wat dee schwieregen Term iwwerhaapt heescht.

Eppes ass kloer, ier ech op d'Definitioun kommen, dass dat Gesetz, wat haut gestëmmt gëtt, e Paradigmewiessel ass par rapport zu deem, wat bis elo a puncto Kannerrechter zu Lëtzebuerg gang und gäbe war.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech hu probéiert, déi „Déjudiciarisatioun" op Lëtzebuergsch z'iwwersetzen an ech koum zum folgende Saz fir ze soen: wou d'Kanner solle vum Geriicht ewech, esou vill wéi méiglech, awer och net manner wéi néideg.

Dat heescht, an anere Wierder, dass, soulaang wéi ee preventiv aktiv ka si mat sozialen Aarbechten, mat sozioéducative Mesuren, soulaang soll een d'Kanner vum Geriicht ewechhalen. Well et evident ass, dass Kanner weder am Prisong nach op de Geriichter eppes ze dinn hunn. Et sief dann, et wier unausweichlech noutwendeg.

Ech probéieren elo den Text auszedäitschen, well esou kloer ass den Text a mengen Aen net, fir kënnen dat doten alles doraus ze zéien. Ech hu jiddefalls elo probéiert Konklusiounen doraus ze zéien, déi mir géifen an de Krom passen an déi méiglech sinn am Kader vun deem Gesetz esou z'interpretéieren, dass de Jugendriichter intervenéiere kéint, wann d'Servicer, déi vum ONE a vun anere vum ONE organiséiert a vun anere Servicer exekutéiert ginn, net zum Accord mat den Elteren a mat de Kanner kënne kommen. An zweetens, wann d'Leit dat wëllen, Viraussetzung, dass eng Mediatioun stattfonnt huet, déi ouni en Accord ausgaangen ass, dass dann d'Jugendgeriicht befaasst gëtt.

Dir, Madame Minister, kënnt mir dann herno soen, ob dat, wat ech aus dësem Text erausliesen, esou einfach ausgedréckt och den Tatsaachen entspréicht. Well den Text et net ëmmer ausgëtt.

Kloer ass et, an de Rapporteur huet et aganks gesot, dass am Rapport zu der Jeunesse en détresse - d'Konklusioun, déi am Rapport selwer opgezielt ass - stoung, dass si sech géife wënschen, dat heescht déi Spezialkommissioun, eng Instance de médiation, fir eben d'Kannerrechter duerchzesetzen.

Déi Instance de médiation ass an där Hisiicht, esou wéi se an deem anere Rapport ass, an dësem Gesetz net mat dran. Mä mat guddem Wëllen, duerfir hunn ech eng Motioun gemaach, kann ee se zwëschepraffen, fir de Charakter vun der Déjudiciarisatioun nach e bësselchen z'ënnersträichen.

Ech wollt awer, ier ech op den Text selwer kommen - an dat maachen ech ganz kuerz, well déi meescht Saache gesot sinn -, nach zwou Begréffserklärunge maachen. An zwar erklären, dass et Aide à l'enfance gëtt, déi een op Lëtzebuergesch Kanner- a Jugendhëllef nennt, an dass et Protection de l'enfance gëtt, dat ass da Kanner- a Jugendschutz.

Dass et evident ass, dass, wa mer vun Déjudiciarisatioun schwätzen, da schwätze mer évidemment nëmme vun der Jugendhëllef, well ee sech net ka virstellen, wéi dee Jugendschutz, dee beim Jugendriichter läit, soll déjudiciariséiert ginn.

D'Konklusioun ass am Fong dann déi, dass ee sollt probéieren, esou vill wéi méiglech um soziale Plang ze maachen, fir eventuell ze verhënneren, dass d'Jugendlech mat hiren Eltere mussen op d'Jugendgeriicht kommen. Esou dass et evident ass, dass nëmmen deen Deel Jugendhëllef hei kann déjudiciariséiert ginn.

Dat bréngt och vläicht gewësse Klärungen an de Mesurë mat sech, well bis elo ass et esou, dass souguer am Virfeld, wéi vum Jugendriichter, eventuell déiselwecht Moossname konnte geschwat ginn, an dass, wann déiselwecht Mesurë kënne preventiv geholl ginn, een net agesäit, firwat déi mussen dann iwwert d'Geriicht lafen.

Dat ongutt Gefill, wat ee bei der Judiciarisatioun - an dat wäert sech och net ännere mat dësem Gesetz - huet, dat ass, dass et schéngt, wéi wann op därer Phas do ze vill Placementer vu Kanner geschwat géife ginn.

Et ass schwéier dat ze vergläiche mat Zuelen aus dem Ausland. Jiddefalls fannen ech et net normal, dass de Moment an de Foyere méi Sozialaarbechter an Educateure schaffe wéi preventiv. Wa mer et mat deem Gesetz hei géife fäerdeg bréngen, déi Proportioun ëmzeänneren, dann, mengen ech, dass dat schonn ee Kritär wier, nodeem ee kéint soen, ob oder ob net dat Gesetz hei an der Praxis effektiv och e Succès gëtt.

Ech wollt dann am Fong zum Gesetz selwer an dräi Rubrike schwätzen; éischtens déi staark Punkten eraushuelen, dann déi manner staark, an drëttens déi, vun deenen ech méi eng nuancéiert Meenung hunn a vun deenen ech och vläicht net am Detail genuch dovunner kennen, fir mech do eranzeloossen.

Déi positiv Punkten hunn ech am Fong schonn ugeschwat. Dat ass dee vun der Preventioun a vun der Déjudiciarisatioun, déi u sech am Trend vun der Zäit leien, well och an eisen Nopeschlänner ass deen Trend vun der Déjudiciarisatioun sécherlech allgemeng ugeholl ginn. An Dänemark ass een zum Beispill esou wäit gaangen, dass do nëmmen nach Kanner, Problemer op Geriichter kommen, wann et ëm d'Ewechhuele vun der Responsabilitéit vun den Eltere geet. Dat ass vläicht den Extremfall, op deen een net onbedéngt muss zréckkommen.

Wat awer evident ass, dat ass, dass mat deem Gesetz hei, wat e Kadergesetz ass, soll probéiert ginn, en Deel vun deene villen Déplacementer z'évitéieren, an dass soll probéiert ginn, am Fong am Virfeld an an eegener Verantwortung an an Eegeregie vun de Famillje mat de Kanner, d'Agréff an d'Liewe vun der Famill op e Minimum ze beschränken an net d'Kanner vun de Familljen ze trennen.

Well och dat ass am Intérêt vun de Kanner e Mënscherecht, wat een nëmmen däerf oder soll ewechhuelen, wann et wierklech net z'évitéieren ass.

Et ass och kloer, dass all Déplacement, wéi och ëmmer e mag justifiéiert sinn, eng Déstabilisatioun vun der Famill a vum Kand mat sech bréngt. Awer virun allem och, an dat ass eppes, wat mer wierklech um Häerz läit, eng Déresponsabilisatioun vun den Elteren, besonnesch och doduerjer, dass bei engem Placement d'Autorité parentale, wéi se haut nach genannt gëtt, vun den Elteren ewech un déi drëtt Famill oder un de Centre de placement iwwerluecht gëtt, an domadder am Fong implizit oder formell d'Elteren aus hirer eegener Verantwortung fir hir Kanner dédouanéiert. An dat, mengen ech, ass eigentlech dat Lescht, wat ee ka maachen.

Wat nach positiv dodrunner ass, dat ass, dass d'Kanner mat agebonne ginn an d'Léisung vun deene Problemer, déi duerch si oder mat hinnen oder duerch hir Elteren, wéi och ëmmer, an enger Famill entstinn.

Et kann net sinn, wa mer de Kanner hir Mënscherechter eescht huelen, dass mer weiderfueren iwwert si ze décidéieren, wéi wa si nëmmen Objets de droit wieren an net selwer am Fong eng Perséinlechkeet hätten an d'Recht hätten, bei Décisiounen, déi si selwer uginn, matzeschaffen.

Ech mengen, dass dat eng Fréierzéiung ass zu enger Autonomie, déi sech och an anere Situatiounen am Liewe ka fir si positiv ausdrécken.

Dofir ass d'Preventioun net nëmme gutt an där Hisiicht, dass et d'Elteren net aus hirer Verantwortung erausléisst, mä och well et d'Kanner abënnt an d'Problemléisung an an d'Léisung vun hiren eegene Problemer an et hinnen am Fong hëlleft zu enger Autonomie an hirem eegene Liewen ze kommen, eventuell schonn am jonken Alter, déi et och eventuell méi einfach mécht, fir si herno zu mëndege Bierger an enger Gesellschaft ze maachen.

Den zweete gudde Punkt ass d'Kreatioun vum Office national de l'enfance - den ONE -, dee jo geduecht ass, esou wéi ech dat verstinn, als Mise en réseau an Interconnexioun vun deenen aneren Acteuren, déi am sozioéducative Beräich mat Kanner a mat Jugendleche schaffen. Dëse Volet ass a mengen Aen net schrecklech prezis. Mir hunn awer no deene Gespréicher an der Kommissioun gemengt dat doten esou erauszefannen.

Fir dass keen Zweifel soll dru bleiwen un der Interpretatioun vum Gesetz op deem Punkt, wollt ech eng Motioun eraginn, andeem ech probéieren d'Regierung opzefuerderen, fir wann elo dat Gesetz a Kraaft trëtt an déi Informatiounen iwwert déi wichteg Institutioun hei sollen erausgoen, dass soll kloergemaach ginn, dass Elteren a Kanner, déi Problemer an der Famill, an der Schoul oder wou och ëmmer hunn, sech solle prioritär un den ONE wenden, am vollste Vertrauen, dass se dann do un déi beschtméiglech Stell oder Associatioun weidergeleet ginn, fir hinne weiderzehëllefen.

Esou dass een eventuell kéint soen, dass den ONE an där Hisiicht a mengen Aen esou eppes wéi e Guichet unique de l'enfance oder de la jeunesse wier, deen et am Fong da méi einfach misst maachen, d'Leit op déi wierklech beschte Plaz hin ze orientéieren. Da kann ee sécher sinn, dass dat och geschitt, well mer dann dovunner ausginn, dass jiddfereen iwwert deeselwechte Leescht gezu gëtt, an dass an der Interconnexioun, dat heescht am Réseau geschafft gëtt. Wat elo zum Beispill net ëmmer de Fall ass a wat heiansdo derzou féiert, dass op ville Plazen e Fall traitéiert gëtt, ouni dass déi Leit, déi sech ëm dee Fall bekëmmeren, onbedéngt wëssen, wat op enger anerer Plaz mat deemselwechte Fall geschitt.

Duerfir froe mer ënner anerem hei den ONE, eng «coopération institutionnalisée entre l'ONE et les autres organisations et acteurs œuvrant dans le domaine de l'aide à l'enfance au Luxembourg» anzeféieren. Déi Motioun ass ënnerschriwwe vun alle Fraktiounen, déi an der Chamber vertruede sinn, esou dass ech dovun ausginn, dass jiddfereen agesäit, dass op dësem Punkt op jidde Fall nach Klärungsbedarf ass.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse, dont l'objectif est le traitement des situations de détresse graves et urgentes par une intervention de la justice;

- considérant que le projet de loi 5754 relatif à l'aide à l'enfance vise une «déjudiciarisation» de l'aide à l'enfance en créant un cadre juridique pour la prise en charge précoce et diversifiée des situations de détresse dans lesquelles peuvent se trouver les enfants et leurs familles;

- considérant que le projet de loi prévoit la création de l'Office national de l'enfance (ONE), destiné à fonctionner comme relais indispensable pour l'organisation et la mise en œuvre de l'aide sociale de l'enfance au Luxembourg;

invite le Gouvernement

- à accompagner l'application de la nouvelle loi relative à l'aide à l'enfance d'une vaste campagne d'information et de sensibilisation auprès de tous les groupes de personnes et acteurs concernés - enfants et adolescents, parents, écoles, lycées, professionnels des domaines scolaire, para- et périscolaire, social, médical, paramédical et judiciaire ainsi que les agents de police - afin de faire connaître le rôle et le fonctionnement de l'ONE ainsi que des autres acteurs du domaine de l'aide à l'enfance;

- à mettre, lors de la mise en place de l'ONE, l'accent sur son rôle coordinateur de l'aide à l'enfance au Luxembourg;

- à concevoir la création de l'ONE de façon à ce qu'il puisse assurer une fonction «guichet unique» de l'enfance, destiné à accueillir les cas de détresse d'enfants, d'adolescents et de leurs familles - à l'exception de celles ayant trait aux faits qui relèvent de la compétence du tribunal de la jeunesse - et de les orienter vers les acteurs les mieux adaptés à leur problématique particulière;

- à demander à l'ONE d'organiser une coopération institutionnalisée entre l'ONE et les autres organisations et acteurs œuvrant dans le domaine de l'aide à l'enfance au Luxembourg.

(s.) Lydie Err, Marc Angel, Eugène Berger, Marie-Josée Frank, Viviane Loschetter, Jean-Paul Schaaf.

Deen drëtte positive Punkt ass d'Responsabilisatioun vun den Elteren an d'Autonomiebestäerkung vun de Kanner. Dat hunn ech uklénge gelooss a kann et am Fong dobäi beloossen.

Déi manner gutt Punkten hunn ech och scho gesträift, an zwar déi, dass et net an alle Fäll kloer ass. Virun allem ass et och nach net, am Text jiddefalls, kloer, wéi den Agencement vun de Kompetenzen, engersäits tëschent dem ONE an der Justiz, soll operéiert ginn. Wat ass zum Beispill e Fall fir d'Justiz? Wéi geet et zum Beispill, wa sech e Problem mat Kanner oder Jugendlechen direkt un d'Justiz wennt, während et am Fong fir d'éischt misst déi preventiv Stadien duerchlafen?

Kann de Jugendriichter décidéieren, dass an engem bestëmmte Fall d'Justiz nach ka waarden an d'Saach viruginn un den ONE? Oder géif een dee Moment dem Jugendgeriicht kënne reprochéieren, sech dem Dossier wëllen ze entleedegen? Wéi ass et och an deem Fall mam Transfert vun den Informatiounen, Enquête-socialen an Ähnlechem?

Eng aner Fro, déi sech dorunner hänkt: Wat ass de Rôle vum SCAS, wa mer dovun ausginn, dass déi vill Zort Aarbecht, déi de Moment am SCAS gemaach gëtt, dee mat ganz vill Enquêtë fir d'Jugendriichtere beschäftegt ass, jo am beschte Fall am SCAS misst ofhuelen? Ech huele jo un, dass déi Leit am SCAS och kënne Familljen a Kanner suivéieren an dass se sech dann ebe besser kënnen op déi Aarbecht, déi e preventive Charakter huet, konzentréieren, amplaz sech mat Enquêten ze befaassen, déi dann herno géifen um Geriicht als Informatiounsmaterial verschafft ginn.

Eng aner Inconnue souzesoen ass d'Zesummenaarbecht tëschent dem ONE an deenen aneren Acteuren, virun allem och wat d'Décisiouns- an d'Direktiounsgewalt ugeet. Et steet am Gesetz op e puer Plazen, dass net nëmmen - an dat ass normal - deen ONE fonctionnéiert ënnert der Tutelle vun der Familljeministesch an eisem Fall, mä an deemselwechten Artikel méi wäit steet och dran, dass ëmmer dann, wann den ONE Problemer auslagert u Servicer, déi net intern fonctionnéieren, nach misst e speziellen Accord vun der Ministesch kommen. Dat fannen ech eigentlech net ganz korrekt.

Et kann net sinn, dass et am Haus selwer oder am Donstkrees vum ONE déi Servicer net gëtt, an dass déi spezialiséiert Institutiounen eréischt all Kéiers kënne befaasst ginn, wann d'Ministesch, déi jo net censéiert ass spezialiséiert an der Jugendaarbecht a Kanneraarbecht ze sinn, nach muss hire perséinleche Seegen derzou ginn. Dat ass eng Fro, déi nach misst gekläert ginn.

Et ass ee sech och bewosst - an dat ass dee leschte Schwaachpunkt, deen ech wëll uschwätzen -, dass dat Gesetz hei, wat e Kadergesetz ass a wat sécherlech positiv Saache begräift, wou d'Basis dovunner souguer exzellent ass, an der Praxis esou gutt gëtt wéi den Direkter, deen dee Service do soll leeden.

Duerfir hoffe mer, well mer festgestallt hunn, dass virun allem déi finanziell Incitatioun net enorm ass, fir Leit op esou e responsabele Poste wëllen ze kréien,…

(Interruption)

…dass mer eis do d'Moyenen awer wierklech ginn, fir an aller Transparenz, besonnesch och am Averständnis oder an der

Kooperatioun oder an der Diskussioun mat de Leit, mat deene soll um Terrain geschafft ginn, deen Direkter esou ze nennen, dass hie mat sengen zukünftege Kolleegen iwwert d'Ronne kënnt an net brauch perséinlech Problemer ze léisen, amplaz ze hëllefen déi vun de Kanner aus der Welt ze schafen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Eng allerlescht Remarque. Den ORK ass an dësem Projet am Fong nëmmen en marge ugeschwat. Et ass net genau preziséiert, wat seng Roll soll sinn. Et ass evident, dass den ORK elo net déi praktesch Aarbecht um Terrain mécht, wat hien net méi muss maachen, wat hie sécherlech haut och gemaach huet. Sécherlech ass en Deel vun der Aarbecht vun der Madame Rodesch elo vun hir ewechgeholl, well mer elo eben de Guichet unique de l'enfance um ONE hunn.

Wat geschitt mat deenen anere Kompetenze vum ORK? Wier et net noutwendeg, eventuell un nei Kompetenzen ze denken, déi se implizit vläicht huet, mä explizit awer net. An zwar déi, fir ze kucken, ob et trotz ONE a Remise en raison vun allen Organisatiounen, déi mer zu Lëtzebuerg an der Kanner- a Jugendaarbecht hunn, Plaz gëtt fir eng Stell, wou d'Diskriminatioun vun de Kanner kënnt speziell traitéiert ginn.

Wier et net gutt, wann och am Kader vun der Législation antidiscrimination, dass den ORK kënnt Affären initiéieren oder Kanner an Affäre begleeden, wou een eventuell feststellt, dass d'Kanner ebe wéinst hirem jonken Alter oder hirer Onerfuerenheet diskriminéiert gi si par rapport zu erwuessene Leit? Dat wier eng Méiglechkeet.

An deemselwechte Gedanken, wann dat sollt méiglech sinn, wier et sécherlech och vu Virdeel, wann den ORK, wann e scho bleift wéi en ass, wéinstens géif, gradesou wéi de Médiateur, bei der Chamber ugesiedelt ginn, fir dass d'Onofhängegkeet vum Ministère wierklech net nëmmen existéiert, mä och keen Doute kënnt driwwer opkommen, dass deem esou ass.

Eng drëtt Kategorie vu Remarquen, déi ganz kuerz wäerte sinn, wollt ech maachen, déi de Finanzéierungsmodus uginn. Mir ass et kloer, dass dat e wichtege Sträitpunkt war zwëschent den Organisatiounen a sech. Ech wëll mech op déi finanziell Aspekter hei net aloossen. Ech kenne se net genuch.

Ech hoffe just, dass dëst Gesetz esou exekutéiert gëtt, dass et wäert déi verschidden Acteuren a Prestataire encouragéieren, fir sech méi ze spezialiséieren. Esou dass d'Offer am Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef verbessert an diversifizéiert gëtt. An ech hoffen, dass d'Ängschte vu verschiddenen Associatiounen onberechtegt sinn, dass d'Servicer all Intérêt hunn, op manner experimentéiert Associatiounen zréckzegräifen, well déi méi bëllegt Personal hätten.

Dat kann, Kolleeginnen a Kolleegen, net de Fall sinn. Wann dat et soll sinn, dass finalement deen déi meeschten Affären ze traitéiere kritt, deen am mannste qualifizéiert ass, mä awer och am mannsten deier ass, da mengen ech huet dëst Kadergesetz säin Zweck verfeelt. Mä hei ass jo sécherlech ee Gebitt, wat eis wichteg genuch wäert sinn, fir net ze probéieren op der falscher Plaz Suen ze spueren an déi beschte Servicer unzebidde fir Problemer, déi d'Kanner an d'Jugendlech vun haut an eis Bierger vu muer betreffen.

Well dat Gesetz hei engersäits wichteg ass an anerersäits e Kadergesetz ass, wou net alles kloer ass, wou d'Reglementer nach ausstinn, denken ech och, dass et wichteg ass, eng Evaluatioun vun dësem Gesetz ze maachen. Mä et soll een et net dobäi beloossen, eng Evaluatioun ze maachen. Et muss een d'Evaluatioun diskutéieren, natierlech net nëmme mat den Acteuren um Terrain, mä och hei am Haus, an duerno an engem gewëssenen Délai - deen Délai hu mer op ee Joer laang gesat no der Diskussioun hei am Haus - eben dann och déi néideg Adaptatiounen, wa se dann noutwendeg wieren, virhuelen, fir dass déi Evaluatioun, déi mer froen, och effektiv ass.

Ech erënneren dorun - an dat ass u sech kee gudde Souvenir -, dass mer beim Gesetz iwwert d'Violence domestique eng super Evaluatioun hunn, déi en Heedegeld kascht huet, dass mer déi och schonn e puermol diskutéiert hunn, mä dass déi Ëmännerungen, déi an der Evaluatioun stinn, nach ëmmer net um Dësch leien.

Wa mer eis schonn eng Evaluatioun leeschten - ech fannen, dass dat wichteg ass bei esou Gesetzer wéi deem heiten -, da musse mer eis och d'Moyenë ginn, fir d'Recommandatiounen aus där Evaluatioun ëmzesetzen.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi 5754 relatif à l'aide à l'enfance met l'accent sur la prévention en offrant aux enfants et à leurs familles une aide, un encadrement et une éventuelle prise en charge familiale, socio-éducative et psychosociale afin d'éviter l'apparition de problèmes ou de situations de détresse graves et urgentes;

- considérant que le projet de loi 5754 relatif à l'aide à l'enfance vise une «déjudiciarisation» de l'aide à l'enfance en créant un cadre juridique pour la prise en charge précoce et diversifiée des situations de détresse dans lesquelles peuvent se trouver les enfants et leurs familles;

- considérant que cette «déjudiciarisation», la création de l'Office national de l'enfance et la mise en œuvre d'un nouveau système de financement pour les placements institutionnels reviennent à un changement de paradigme qui ne manquera pas de changer de fond en comble l'aide à l'enfance au Luxembourg;

invite le Gouvernement

- à procéder, après un délai de trois ans suite à l'application de la nouvelle loi, à une évaluation externe;

- à analyser et discuter les résultats de cette évaluation externe à la Chambre des Députés et d'en tirer les conclusions s'imposant le cas échéant;

- à adapter le cas échéant et dans un délai d'un an à partir de la discussion publique la loi relative à l'aide à l'enfance en fonction des conclusions à tirer de ladite évaluation.

(s.) Lydie Err, Marc Angel, Eugène Berger, Marie-Josée Frank, Viviane Loschetter, Jean-Paul Schaaf.

Zur Konklusioun also wéi gesot nach ganz kuerz: Guddes, Onprezises an nach Besseres, wat ee muss am A behalen an evaluéieren. Mä virun allem awer och net vergiessen, dass mer hei schwätzen iwwer een Deel nëmmen, an zwar dee vun der Jugendhëllef, dass eist Gesetz iwwert de Jugendschutz vun 1992, wou net ka vun enger Déjudiciarisatioun Rieds goen, och verbesserungswierdeg ass.

Et kann net weidergoen, dass mer, mat deem Esprit, an deem dat heite Gesetz elo ass, virufueren, bei Placementer d'Autorité parentale vun den Eltere weider ewechzehuelen. Ech ka mer virstellen, wat d'Ministesch mer äntwert: Mir sinn amgaang, dee ganze Volet Autorité parentale a Responsabilité parentale ëmzeänneren, a wa mer dat gemaach hunn, da komme mer vläicht och heirobber zréck.

Un eis soll et net leien, well am Kader vun der Sous-Kommissioun iwwert den Divorce si mer amgaang, eis ënner anerem intensiv mat dem Volet Filiatioun a Responsabilité parentale ofzeginn, esou dass deemnächst keng Excuse méi dierft do sinn, fir am Fall vun engem Placement déi Responsabilité parentale do aneschters ze traitéieren.

Et ass och wichteg, dass eng Zesummenaarbecht agefouert muss ginn zwëschent de Strukturen, wou d'Kand placéiert gëtt, an den Elteren. Och dat fonctionnéiert de Moment net genial, an et gëtt och iwwer Mesuren, déi am Kader vun engem Placement geholl ginn, net ëmmer déi noutwendeg Recoursen.

Wann e Congé zum Beispill gestrach gëtt, wann eng Aktivitéit verbuede gëtt, ass et schwéier, wann net onméiglech, während engem Placement déi Décisiounen unzepassen. Ech denken duerfir, dass et wichteg wier, och an där nächster Reform dorobber opzepassen.

Eng lescht Remarque an dësem Gesetz handelt vum Affekot vum Kand, wou d'Dispositioune menger Meenung no largement ze wënschen iwwreg loossen, well nach ëmmer vill Kanner ouni en Affekot mussen auskommen. Ganz oft - an dat ass déi lescht Remarque - géif de Juge de la jeunesse, wat jo e Juge unique ass, och dorunner gewannen, wann e sech entouréiere géif mat engem Expert, an eppes wéi eng paritéitesch Kannergeriichtsbarkeet ënnert deene geschéie géif.

Da kënnt meng allerlescht Remarque: Och d'Kanner solle gehéiert ginn am Huis clos, an net an öffentleche Sitzungen, well wann et richteg ass, dass d'Kanner solle gehéiert ginn, dann ass et awer gradesou wichteg, dass d'Kanner an aller Diskretioun gehéiert ginn, fir dass se net brauchen ze fäerten, fir bei deem engen oder deem aneren Elterendeel unzeecken wéinst eppes, wat se an enger öffentlecher Sitzung gesot hunn.

Eppes aneschters, mä wat ganz no mat dësem Sujet zesummenhänkt, Madame Ministesch: Et gëtt de Moment nach dräi Konventioune vum Conseil de l'Europe, déi Lëtzebuerg am Beräich vun de Kanner- a Jugendrechter nach net ratifizéiert huet. Do ass eng ganz rezent derbäi, vun där wëlle mer net schwätzen, mä mäi Kolleeg, de Marc Angel, huet lech Froen doriwwer gestallt. Vläicht kënnt Dir him haut ënner anerem op déi Fro äntwerten iwwert déi zwou rezent Konventioune vum Conseil de l'Europe vun 2003 a vun 2007, a mir vläicht op déi, wat d'Ursaache sinn, firwat déi Konventioun iwwert den Exercice des droits de l'enfant, déi vun 1995 datéiert, nach net un d'Rei komm ass.

Déi huet och eppes mat der Autorité parentale ze dinn, oder stëmmt dat net?

Et gëtt déi Konventioun, déi net nëmmen ëm d'Kannerrechter geet, mä ëm den Exercice vun de Kannerrechter, zënter 1995, an eigentlech hätte mer elo 13 Joer Zäit gehat, fir déi ze iwwersetzen, a vu dass dat net geschitt ass, mengen ech, misste mer kucken, dass och dat esou schnell wéi méiglech géif passéieren.

Ech hunn hei déi lescht Motioun, déi ech awer schonn ugeschwat hunn, nach net ofginn. Ech ginn dovunner aus, dass keng aner Explikatiounen noutwendeg sinn, well och déi heite vun all Mënsch heibannen ënnerschriwwe ginn ass.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant que la Convention des droits de l'enfant, adoptée par l'Assemblée générale des Nations Unies le 20 novembre 1989, énonce entre autres le droit de participation de l'enfant dans le contexte de l'action éducative;

- considérant que le projet de loi 5754 relatif à l'aide à l'enfance accorde une place prépondérante à la participation des personnes concernées, plus particulièrement des enfants et de leurs parents;

- considérant que lors du débat sur la jeunesse en détresse en 2003, la Commission spéciale «Jeunesse en détresse» avait recommandé le recours à une instance de médiation afin de régler des situations de crise familiale;

- considérant que selon l'article 4 du présent projet de loi les parents ou représentants légaux ainsi que l'enfant capable de discernement participent à l'élaboration du projet d'intervention socio-éducatif et psychosocial les concernant;

- considérant que ce projet ne prend effet que s'il est signé par les parents ou représentants légaux et l'enfant capable de discernement;

- considérant la proposition de loi 4969 portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile discutée et analysée dans le contexte de la réforme du divorce;

- considérant que le projet de loi 5867 relatif à la responsabilité parentale prévoit qu'afin «de faciliter la recherche par les parents d'un exercice consensuel de la responsabilité parentale, le juge peut leur proposer une mesure de médiation»;

invite le Gouvernement

- de prévoir qu'en cas de désaccord sur le projet d'intervention socio-éducatif et psychosocial la médiation sera proposée aux parties concernées.

(s.) Lydie Err, Marc Angel, Eugène Berger, Marie-Josée Frank, Viviane Loschetter, Jean-Paul Schaaf.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter fir déi gréng Fraktioun.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. A sengem Exposé des motifs beschreift den Auteur vun dësem Projet de loi op enge sëlleche Säiten - an dat ass och gutt esou - eng Rei fundamental Mënscherechter a Kannerrechter an erkläert den ausdréckleche politesche Wëllen, fir dës Rechter besser an och méi effizient ze ënnerstëtzen. Hie schwätzt och fir d'éischt vun engem Recht op Hëllef fir all Kand, Jugendlechen, an och seng oder hir Famill.

Ausdrécklech gëtt och de Stellewäert vun der Preventioun ënnerstrach am allgemenge socioéducativen an therapeutesche Kontext. D'Participatioun an d'Matsproocherecht vum Kand gëtt och groussgeschriwwen, an et gëtt sech géint all Form vu Gewalt a méi prezis déi psychesch a physesch Gewalt formell ausgedréckt.

All dëst, denken ech, steet absolut net hei zur Diskussioun. Jiddfereen huet dat hei begréisst. Mir fannen och dës Deklaratiounen notamment an onser Constitutioun erëm an an deene Konventiounen, déi da bis elo ënnerschriwwe gi sinn, an deenen, déi sécherlech och nach wäerten ënnerschriwwe ginn.

Och ass deen ursprüngleche Leitmotiv vun dësem Projet de loi den absoluten an akute Besoin, fir ons Politik a Saache Kanner- a Jugendschutz ëmzepôlen oder zousätzlech ze komplettéieren a Kanner- a Jugendrechter, an notamment iwwert de Wee vun neie Méiglechkeeten un Offeren, déi laanscht d'Justiz an d'Geriicht solle goen, oder déi éischter, besser ausgedréckt, virun der Justiz a virum Geriicht solle sinn. Et geet also ëm déi sougenannten Déjudiciarisatioun. Et ass e schrecklecht Wuert, ech gebrauchen dat och elo net méi.

Zu dësem Wee sollt d'Aschalte vun enger reeller an och kompetenter Offer u Médiation, une instance de médiation, féieren. All dës Reflexioune kommen awer net aus den Iwwerleeunge vum Auteur vum Projet de loi, mä si sinn en Deel vun den zréckbehalene Konklusioune vun där deemoleger Spezialkommissioun «Jeunesse en détresse», déi vill Aarbecht geleescht huet an d'Majoritéit vun den Institutiounen, déi um Terrain schaffen, och gehéiert huet.

All dës Institutiounen hate sech deemools immens vill Aarbecht gemaach, hunn déi deemoleg Spezialkommissioun schrëftlech informéiert. Si hunn och eng ganz Rei vun noutwendege Reforme beschriwwen an d'Méiglechkeet ugedeit, fir am sozialen an am therapeuteschen Domän kënne méi effikass a méi effizient ze schaffen. Dat alles natierlech am Sënn vum Kanner- a Jugendschutz an de Kanner- a Jugendrechter. Ech denken, si sinn och am beschten dofir gëeegent, fir ons déi dote Recommandatioune mat op de Wee ze ginn.

Effektiv, et ass och scho virdrun ugeklongen - awer ech wollt dat fir déi gréng Fraktioun och nach eng Kéier ënnersträichen -, hu mir zu Lëtzebuerg e Jugendschutzgesetz, wat éischter repressiv Auswierkungen huet, wéi datt et ëmmer als schützend an zevirkommend ugesi gëtt. Moossnamen aus dem Jugendschutz wierken oft strofend, souwuel fir d'Kanner an d'Jugendlech wéi och fir hir Elteren.

Et gëtt, fir e Beispill ze nennen, schlussendlech net onbedéngt als schützend ugesinn, wann e Jugendlechen op Dräibur sëtze kënnt oder wa Kanner iwwer Nuecht placéiert ginn. Dëst sinn Noutléisungen, déi sécher an der Nout eng Léisung sinn, mä déi vläicht net ëmmer eppes mat Kanner- a Jugendrechter au sens propre du terme ze dinn hunn.

Mir kënnen nëmme berouegt si mat deem aktuelle Jugendschutz, well déi Leit, déi an dësen Domäner am Alldag um Terrain schaffen, dës gesetzlech geregelt Moossname mat esou vill pedagogeschen, awer och therapeutesche Kompetenze beräicheren, datt schlussendlech de Maximum fir déi concernéiert Kanner, Jugendlech a Famillje ka gemaach ginn.

Et sinn och déiselwecht Leit, déi de Besoin un zousätzleche Moossnamen nieft der Justiz gefuerdert hunn, déi Méiglechkeete vu Mediatioun gefrot hunn, déi eng Komplementaritéit zu där soi-disant Protection juridique gefrot hunn.

D'Zil wier et gewiescht, eng Justice négociée kënnen zu Lëtzebuerg anzeféieren, an der enker Kollaboratioun vun de verschiddenen Instanzen, an dëst an enger kloerer an transparenter Hierarchie. Dat wëllt net heeschen, datt mer eng zousätzlech, soi-disant décisiv Instanz solle schafen. Mir sinn der Meenung, datt mer mussen - an ech menge meng Virgängerin huet dat och gesot - eng kloer Hierarchie anhalen. Uewe stinn dann déi Justizmoossnamen, mä do ënnendrënner aner Moossnamen, déi kënne virgräifen. Déi Hierarchie muss agehale ginn, mä mir däerfen et awer net, wéi bis elo ganz oft, eenzeg an eleng bei der Instanz vun der Justiz beloossen. Dëst ass elo am Projet de loi méi kloer formuléiert ginn, an dat begréisse mir.

Mir gesinn et e bëssen als eng verpasste Chance, datt mer net och zur gläicher Zäit d'Jugendschutzgesetz bilanzéiert an och do déi noutwendeg Adaptatioune gemaach hunn. D'Jugendschutzgesetz bleift mat

senge strikten a restriktive Moossnamen, obwuel se noutwendeg sinn, eng dach awer repressiv Moossnam, well de Jugendriichter, an dat ass och scho gesot ginn, eigentlech nëmmen zwou Optiounen huet. Déi eng ass d'Kontroll vun der Famill ze iwwerhuelen, iwwer eng Assistance éducative, dat ass dem SCAS seng Aarbecht, oder, als zweet Optioun, de Placement vun engem Kand. Et ass e bësse schued, datt dat do elo nach net um Ordre du jour ass, well et hätt eigentlech schéi parallell dobäi gepasst.

Unzehuelen, datt mat der Kreatioun vun engem Office national de l'enfance, esou wéi en elo hei am Projet de loi skizzéiert ass, dëse Lacunë Rechnung gedroe gëtt, ass illusoresch, well wat gefrot a wat och gebraucht gëtt, ass mat Sécherheet eng zentral Instanz, déi géréiert a koordinéiert. Hei, bei dëser Propos vum ONE, riskéiere mer awer eng zousätzlech Instanz ze kréien, e Genre Waasserkapp, wou alles a jiddferee vertrueden ass, an déi virun allem ënnert der Regie vum Ministère placéiert ass.

Dës Mainmise vum Ministère ass, an onsen Aen, aus verschiddene Grënn onverständlech. Éischtens, an dat ass och scho virdrun ugeklongen, si mir der Meenung, datt de Ministère vill a gutt Kompetenzen huet, mä net onbedéngt déi, fir och inhaltlech op dëse schwieregen Domän anzewierken.

Et ass an onsen Aen onverständlech, wéi eng Neutralitéit ka garantéiert bleiwen an der Analys vun de Besoinen, wann ee weess, datt deeselwechte Ministère och de Portmonni huet, fir d'Besoinen ze finanzéieren oder och net ze finanzéieren.

En drëtte Punkt ass deen, datt mer eis froen, wou d'Vernetzung vun deem ass, wat gebraucht a gefrot gi war, nämlech d'Kollaboratioun oder d'Complémentaritéit tëschent de juristesche Moossnamen, sprich tëschent der Justiz an de soziotherapeutesche Moossnamen, a wéi dat ka garantéiert ginn. Dat heescht, wéi schaffe se zesummen, d'Justiz engersäits, an den ONE, deen de Rescht vertrëtt, anerersäits? Dat heescht, wéi vernetze mer Jugendschutz, Kannerschutz, Jugendrechter, Kannerrechter mateneen?

Hei hu mer et vill méi, denke mir, mat enger zweeter Instanz ze dinn, déi riskéiert, e bësse salopp ausgedréckt, als zweet Geriichtsinstanz considéréiert ze ginn, vläicht vun den Elteren, vun de Jugendlechen, vun der Famill, an domadder riskéiere mer en Niewenteneen amplaz e Mateneen. Mir hätten ons och tatsächlech virstelle kënnen, datt eng ganz Rei vun Aarbechten, Analysen, Evaluatiounen, a virun allem d'Mediatioun, an de bestehende Strukture kënnt assuréiert ginn, do wou d'Experienz an d'Kompetenz ass, a wahrscheinlech och de Kontakt mat deene concernéierte Kanner a Famillje scho besteet, an datt eng zentral Instanz, déi gebraucht gëtt, den ONE, déi éischter administrativ Aarbecht ofwéckelt.

Esou stelle mir ons den ONE vir, deen zum Beispill folgend Kompetenze kënnt assuréieren: d'Analys an d'Evaluatioun eriwwerginn an déi bestehend Strukturen, deenen den Optrag ginn, fir dat ze maachen, an duerno déi Analys, déi Evaluatioun, déi gemaach ginn ass, ze validéieren. Zweetens kënnt den ONE eng Koordinatioun an eng Kollaboratioun tëschent de verschiddenen Intervenanten a Prestatairen, tëschent der Justiz an de Sozialinstanzen, de Gesondheetsinstanzen an och den éducativen Instanze garantéieren. Ech weess, datt dat dra beinhalt ass, an dat ass e Punkt, dee mir och richteg fannen. Drëttens, eng richteg an eng produktiv interministeriell Kollaboratioun initiéieren. Dat wär emol eng Première hei zu Lëtzebuerg, an dat wär awer och eng batter noutwendeg Première. Dat heescht, datt Ministère-iwwergräifend mateneen a vernetzt...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Dee Comité war virgesinn, Madame Loschetter, an de Conseil d'État huet en erausgeholl.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Ech schwätze vun de Missioune vun engem ONE, deen engersäits déi verschidden Instanze ka garantéieren, déi meeschtens, net all, d'Verwaltunge jo, u verschidde Ministères de tutelle rattachéiert sinn. Dat ass och haut esou, mä wat een haut mierkt, dat ass, datt deen ee Ministère schlussendlech net weess, wat deen anere Ministère mécht. Wann um Terrain, dat heescht a verschidde Verwaltungen oder a verschidden Associatiounen, déi Leit net dach awer op fräiwëlleger Basis matenee kommunizéiere géifen a sech eegen a bénévole Plattformen ageriicht hätten, da géif net esou vernetzt geschafft ginn, wéi de Moment um Terrain vernetzt geschafft gëtt, mä eng institutionaliséiert Plattform gëtt et net.

Déi ass och elo an enger Motioun vun de Sozialiste beschriwwen. Allerdéngs kënne mir heibannen, à ce stade, vun der Beschreiwung vun dësem Projet de loi ons keng definitiv Meenung maachen, wéi dat dann herno definéiert gëtt, well mer elementar Donnéeën net hunn. Wahrscheinlech wäerten déi Saachen iwwer Règlement grand-ducal nach eng Kéier beschriwwe ginn, well se net am Gesetz sinn, an dorënner fält eben och de Fonctionnement vum Office national de l'enfance.

Här President, fir ons ass dat awer eng fundamental Informatioun. Dat ass och scho vu menge Virgänger a Virgängerinnen ënnerstrach ginn. Ech géif et méi allgemeng halen a soen, datt den ONE schlussendlech definéiert, ob mer an déi eng Richtung ginn oder an déi aner. Fir ons Gréng ass dat awer politesch net onwesentlech, well dat definéiert schlussendlech och herno, ob mir ons kënne politesch erëmfanne mat där enger oder mat där aner Richtung, wéi den ONE da soll schaffen. Hei hu mir awer d'Gefill, datt mir fir eng zoue Këscht stëmmen, zum Deel ouni ze wëssen, wat dran ass. Anerer géifen dat eng Kaz am Sak nennen.

Am initiale Projet de loi war och eng ganz Rei vun zousätzleche Gruppe virgesinn, nieft dem ONE u sech, d'Commission consultative de l'ONE an de Conseil supérieur de l'enfance et de la famille. Gott sei Dank huet och do de Conseil d'État sech bedenklech dozou geäussert, a mir hunn elo nieft dem ONE nach just ee Conseil supérieur, déi Instanz, déi den ONE, awer och d'Prestatairen denken ech, suivéiert, conseilléiert. An dësem Conseil sinn déi sämtlech Ministërë vertrueden, d'Prestatairen, dann awer och d'Associatiounen, déi d'Familljen, d'Elteren an déi Jugendlech vertrieden. Déi ginn allerdéngs alleguerte vum Ministère nomméiert. En typesch lëtzebuergesche Modell vun Effizienz a Participatioun. Mir hunn à ce stade ons Bedenken iwwert d'Effikassitéit vun esou engem Conseil, awer och iwwert de Stellewäert vun dëser participativer Virgoensweis.

Mä och do, Här President, woen ech mech net méi wäit auszedrécken, well och de Fonctionnement vun deem Conseil supérieur gëtt herno am Detail iwwer e Règlement grand-ducal, denken ech, definéiert, an och do wësse mer da méi, wéi eng Handhab dee Conseil supérieur herno huet.

E weidere Règlement grand-ducal, wou ech mech awer net méi wëll vill domadder ophalen, ass dee vun den Indemnitéiten, dat heescht wéi déi definéiert ginn. Ech denken, dat ass een - wou de Conseil d'État och zu Recht drop higewisen huet, dat ass jo och seng Charge -, oder bal deen eenzege Règlement grand-ducal aus dësem Projet de loi, deen éischter technescher Natur ass.

Am Artikel 12 ginn d'Missioune vun de Structures d'accueil um Gemengenniveau, notamment d'Maisons relais, d'Foyers scolaires, d'Crèchen an esou weider, beschriwwen. Dat heescht, et gëtt gesot, datt de Stat an d'Gemengen derfir suergen, datt mer en Encadrement vun de Kanner hunn, via d'Structures d'accueil, an et ass vläicht e bëssen eng Première, datt elo an esou engem Projet de loi drasteet, datt mer wëlle Vie professionnelle a Vie privée besser matenee vereinbaren an dofir ons do och an d'Flicht huelen. Esou steet et elo an deem Artikel 12 vun deem e bëssen nei opgesate Projet de loi no deem éischten Avis vum Conseil d'État.

Elo kommen ech nach eng Kéier zréck op den Artikel 6 vum Projet de loi, deen definéiert jo och d'Initiativen, déi den Office national de l'enfance ka maachen. Et sinn eng ganz Rëtsch vu Missiounen, déi den Office national de l'enfance huet, ouni eben ze wëssen, well dat jo nach kënnt, wéi en déi applizéiert.

Mir wëssen awer elo schonn, well dat ass jo och en deklaréierte politesche Wëlle vun der Regierung, datt mer um Niveau vun de Betreiungsstrukturen eng grouss Neiegkeet ab 1. Mäerz ugebuede kréie respektiv mussen ubidden, oder wëllen ubidden, nämlech d'Chèques-services. An do meng Fro un d'Ministesch: Kann zum Beispill och herno en ONE enger Structure d'accueil intensiv recommandéiere voire verschreiwen, wéi e Kand da soll prioritär opgeholl ginn? Spillt den ONE och herno an där Prioritéitslëscht oder an där Waardelëscht, déi vläicht awer op där enger oder anerer Plaz wäert zustane komme mat deem Aféiere vun de Chèques-services, an der Prioritéit vum Unhuele vun engem Kand eng Roll?

Ass an deem Artikel 12, deen d'Relatioun tëschent Stat a Gemenge par rapport zu de Structures d'accueil beschreift, och virgesinn, e Règlement grand-ducal dorauser ze déduiréieren, deen dee Fonctionnement oder déi Relatioun tëschent Stat a Gemenge méi kloer definéiert?

Hei stëmme mir - wann dat alles mat Jo beäntwert géif ginn - e Stéck wichteg Betreiungspolitik voire Preventiounspolitik, awer ouni ze wëssen, iwwer wat genee mer schwätzen. Wéi definéiere mer déi Relatioun, déi mer matenee kréien?

Eleng den éischten Deel vun dësem Projet de loi wier schonn derwäert gewiescht, datt dës Regierung sech dëser Politik als eng richteg Prioritéit unhëlt, nämlech där vun de Kanner- a Jugendrechter. An ech soen, Här President, bewosst „Regierung", well eescht gemengte Kanner- a Jugendrechtspolitik, wëssend, wat alles an de Konklusioune vun der Spezialkommissioun «Jeunesse en détresse» vun där viregter Regierung steet, ass mat Sécherheet eng iwwerministeriell Ugeleeënheet.

No de Konklusioune vun där Spezialkommissioun, déi awer op kloer an och akut Mängel higewisen huet, zesumme mat den Institutiounen um Terrain, awer och mat verschidde ganz engagéierte Persounen um Jugendgeriicht, hätt dës Regierung vläicht missen direkt am Ufank vun hirer Period de Problem upaken - vläicht ass dat geschitt -, mä net eréischt elo virun engem Joer den Dépôt vun dësem an onsen Aen awer e bësse konfuse Projet de loi eranzereechen.

Den zweeten Deel vum Projet de loi befaasst sech mam Finanzéierungsmodus vun den Hëllefstellungen a promouvéiert och de Prinzip, net méi d'Institutioun u sech, dat heescht d'Plaz an enger Institutioun ze finanzéieren, mä de Prinzip ebe wou ech gemengt hat, awer e roude Fuedem an dësem Projet de loi ze gesi vum spezifesche Besoin vun engem spezifesche Kand oder vun engem prezise Kand an enger preziser Situatioun, déi temporär och kann evoluéieren, egal a wéi eng Richtung.

Orientéiert gëtt sech notamment, mä ech denken net eleng, um Prinzip, wéi en an der Assurance dépendance applizéiert gëtt. Vum Fong hier fanne mir déi Iddi och richteg. Well wa mer vu Recht op Hëllef schwätzen, musse mer se op d'Persoun achséieren an net op d'Institutioun.

Allerdéngs, an dat ass och schonn hei genannt ginn, huet dëse Prinzip fir Onrou an de concernéierte Secteure gesuergt. Onrouen, déi vläicht ze verstoe sinn, well net kloer viraussehbar ass, wat de finanziellen Impakt vun dësem Berechnungsprinzip kéint ausmaachen. An awer och zousätzlech, well eben dat Gremium, deen ONE ënnert der Mainmise vum Ministère, schlussendlech dat ass, denken ech, dat definéiert, wat den eenzelne Besoin ass, wat dee Besoin wäert ass, dat heescht, wat en och finanziell wäert ass, an domadder och d'Qualitéit vun engem Besoin schlussendlech definéiert; an da wiere mer séier bei der Diskussioun iwwer Qualitéit a Qualitéitsstandarden ukomm.

Wie bitt dëse Qualitéitsstandard zu wéi engem Präis, respektiv dëse Qualitéitsstandard vun engem Besoin? Dee kascht eng Zomm xy. Mir denken awer och, Här President, datt dës Diskussioune mussen an och solle gefouert ginn. Diskussiounen iwwer Qualitéit a Qualitéitsstandarden am soziotherapeutesche Secteur.

Si ginn awer och am Moment gefouert. E Règlement grand-ducal wäert och hei, denken ech, Forfaiten definéieren an de Modus vun der Präisnégociatioun. Hei keeft ee sech duerch dëse Vote eppes, wou een allerdéngs de Präis nach net esou richteg dovunner kennt. A wéinst den Onrouen a puncto ebe Finanzement, déi opkomm waren, hunn d'Prestatairen dann och elo garantéiert kritt, datt se de Choix behalen tëschent - wéi d'Ministesch dat genannt hat - dem klassesche System an deem neien, individuell op d'Persoun achséierte System. Ech mengen, et ass méi roueg ginn am Secteur doduerch. Dat ass richteg.

Meng Fro ass just, datt mir, Här President, net méi richteg verstinn, wat dann elo den intendéierte politesche Wëlle vun der Regierung ass. Wann een den Auteur vum Projet de loi liest, da versti mer net méi esou richteg. Hu mer elo hei e politesche Wëlle fir ze soen, mir achséieren de Besoin elo op d'Persoun a mir garantéieren déi Suen, déi musse sinn, fir dee Besoin ze erfëllen? Oder soe mer, ma et kann ee sech et am Fong elo wiele wéi ee wëllt?

Entweder kriss de eng Enveloppe oder du kriss et op de Besoin vum Kand.

Do versti mir de politesche Wëlle vun dëser Regierung an deem dote Punkt wierklech net méi ganz richteg.

An, Här President, mir kommen dann och wierklech net derlaanscht ze soen, datt dëse Projet de loi iergendwou en „melting pot" vu ville verschiddenen Elementer ass, déi wuel all eppes mateneen ze dinn hunn, awer net zesummen an een an an dëse Projet de loi passen. Ech erklären och meng Kritik.

An dësem Projet de loi ass zu der Demande, déi an de Konklusioune vun där Spezialkommissioun «Jeunesse en détresse» stoung, als eenzeg Äntwert komm: d'Kreatioun vun engem ONE. Esou wéi en elo beschriwwen ass hei an dësem Projet de loi. Léist dat vill vun deene Problemer, déi an de Konklusioune vun där Spezialkommissioun ernimmt gi sinn? Mir woen dat ze bezweifelen.

Zweet Kritik: Et ass net geduecht ginn, d'Jugendgesetz mateneen ze reforméieren an dat Ganzt - Jugendschutz a Kannerschutz a Kannerrecht a Jugendrecht - mateneen als ee Package ze verbannen.

Drëtt Kritik: Et gëtt keng Äntwert op den aktuelle Besoin um Terrain, d'Institutioune mateneen ze vernetzen, eng institutionaliséiert Plattform vu bestehende Strukturen ze schafen an hinnen d'Méiglechkeet an d'Logistik ze ginn, fir sech ze organiséieren.

Véiert Kritik: Et ass net dru geduecht ginn - dat ass och confirméiert gi vun der Regierung -, d'ASFT-Gesetz esou ze adaptéieren, fir d'Finanzéierung ze bestëmmen an deen Deel zumindest aus der Mainmise vum ONE erauszehuelen.

Fënneftens, an dat ass do, wou déi meescht Onkloerheet de Moment nach ass: D'Gemenge ginn iwwert de Biais vun dësem Projet de loi och an d'Flicht geholl, wat och net falsch ass. Allerdéngs wësse se, mengen ech, nach net vill dovunner.

Dëse Projet de loi ass tatsächlech en onkohärente Fourre-tout an domadder hu mer déi dach vill méi komplex Themen um Terrain net richteg ugepaakt. Dofir ass et ons als Gréng och ganz schwéier gewiescht, aktiv a kritesch an dësem Joer un deem Projet de loi matzeschaffen.

Ech denken, Här President, datt déi véier Motiounen, déi elo um Dësch leien, och beweisen, datt nach villes onkloer ass iwwert déi Propos vun deem Projet de loi, déi hei um Dësch ass, an ech wëll net drop zréckkommen, wéi meng Virgänger a Virgängerin, sief et Oppositioun oder Majoritéit, sech mëndlech dozou ausgedréckt hunn.

Mir froen eis, ob dat wierklech eng seriö parlamentaresch Aarbecht war, fir herno hei an e Plenum ze kommen, wou mer mussen iwwer eng Hällewull vu Motiounen ons assuréieren, datt mer dach awer eventuell op dee richtege Wee ginn.

Mir sinn der Meenung, datt verschidde Gesetzer vläicht hätte misse gläichzäiteg adaptéiert ginn.

Une voix.- Dat ass awer net wouer.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG).*- Dach, mir hunn an der Kommissioun iwwer Jugendschutz geschwat. Mir hunn och iwwert d'ASFT-Gesetz an der Kommissioun geschwat.

(Interruption)

Also, ech denken d'Regierung huet och kloer op déi Fro geäntwert. Si huet gesot: Et hätt een et och kënnen iwwert d'ASFT-Gesetz maachen. Mä mir hunn et elo virgezunn, et heiriwwer ze maachen. Dat war eng kloer Äntwert vun der Regierung.

(Interruption)

Dernieft wier d'Kreatioun vun enger richteger an onofhängeger Mediatiounsinstanz néideg. Et ka vläicht awer och nach kommen. Mir wëssen dat net. Et ka sech vläicht iwwert den ONE herno esou entwéckelen. Mä mir wëssen dat haut net. Et wär awer wichteg gewiescht, well dat och gefrot war.

Eng onofhängeg Mediatiounsinstanz, vläicht souguer an enger bestehender Instanz, déi Moyenen dozou kritt hätt, wär complémentaire zur Justiz noutwendeg gewiescht, fir zu enger effektiver Justice négociée ze kommen an ewech vun där

repressiver Konnotatioun vum aktuelle Jugendschutz zu Lëtzebuerg.

Natierlech zitt dat mat sech, datt och déi Institutiounen, déi bestinn, an deem Kontext anescht gestallt musse ginn. Ech denken, do deele mir d'Suerg, déi och ëmmer répétéiert gëtt vun der Familljeministesch.

Ech gi just e Beispill: Dräibur ass tatsächlech en Desaster. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir verletzen dach all Dag d'Kannerrechter hei zu Lëtzebuerg, schonn eleng duerch de Fait, datt mer Mannerjähreger nach ëmmer am Prisong sëtzen hunn.

Elo virun e puer Méint, virun zwee Méint ass gemengt ginn, datt mer sollen an dësem Projet de loi an der Rubrik Preventioun de Suicide och ernimmen. Dat wär e wichtegt Thema an dat solle mer och nach an dee Projet de loi erasetzen.

Här President, de Suicide bei Jugendlechen ass esou eng dramatesch Ugeleeënheet, a mir sinn och zu Lëtzebuerg nawell betraff dovunner. Et weist op e Mal-être hin, wou mir mengen, datt et net ubruecht ass, dat nach einfach esou an e Projet de loi eranzesetzen, mä datt mer eis dann am Fong geholl hätte sollen Zäit huele fir dat Thema, wann et dann och soll an e Projet de loi erakommen.

Dofir, Här President, si mir net esou zouversiichtlech wéi déi aner Parteien, mat allem Respekt fir d'Regierung, fir de Ministère a fir d'Ministesch. Mir wëllen esou e Projet de loi, wou mer net wëssen, a wéi eng Richtung datt en herno wëllt goen, net stëmmen; fir net herno reprochéiert ze kréien, mir hätten e Projet de loi gestëmmt, wou sech herno schlussendlech eng Richtung erausdefinéiert, déi mir als Gréng net kënne matdroen. Dofir wäerte mir a musse mir géint dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den honorabelen Här Gibéryen huet elo d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll vun eiser Säit aus fir d'éischt dem Kolleeg Jean-Paul Schaaf Merci soe fir säi Rapport, de schréftleche wéi de mëndlechen, deen hie gemaach huet.

Basis fir dëse Projet, kann ee soen, ass zum Beispill een Deel d'Resultat vun der Spezialkommissioun «Jeunesse en détresse», där hir Aarbecht de 26. November 2003 duerch en Débat d'orientation hei am Haus ofgeschloss ginn ass. Haut, fënnef Joer méi spéit, hu mer dann e Projet de loi hei leien, dee wuel eng Zäit laang gebraucht huet, mä en ass awer haut hei an der Chamber ukomm.

De Rapporteur huet ganz explizit de Mëtteg d'Ziler vun dësem Projet Artikel fir Artikel virgestallt, an dat hunn och meng Virriedner gemaach, esou datt een net méi brauch am Detail op de Projet de loi anzegoen.

De Kader, deen dëst Gesetz soll maachen, soll a priori fir d'Kanner an d'Jugendlecher en détresse sinn an, wéi de Statsrot et och wollt a wéi et am Titel derbäikomm ass, wou d'Famill och nach bäigesat ginn ass.

Déi aktuellsten Zuelen, déi bekannt sinn, wivill Kanner hei am Land am Ableck betraff sinn: Et sinn der 872 op den 1. Januar 2006. Dovunner sinn 173 Kanner am Ausland. Mir schwätzen also net vun näischt hei. Mir schwätze vun enger enorm grousser Zuel, déi eis Gesellschaft u Kanner huet, déi se am Stach gelooss huet.

Déi prinzipiell Meenung vun der ADR ass, datt ee muss, fir deem Fléau do entgéintzewierken, e globaalt Konzept hunn: d'Kand och a sengem globale Kontext considéréieren, dat heescht an der Famill, an der Schoul, an der Structure d'accueil, do wou et also lieft, do wou et sech ophält; zweetens, all Situatioune mat berücksichtegen, déi kënnen um Ursprong stoen, souwuel vun de Problemer beim Jugendleche wéi bei der Famill; drëttens, adequat a generell Moossnamen huelen, fir all Kanner a Jugendlecher; véiertens, d'Rechter vum Jugendlechen an der Famill respektéieren, a fënneftens, e koordinéierten an effikasse Réseau opbauen. Dat sinn Ziler, op déi mer mengen, datt ee misst d'Politik am Interessi vum Jugendschutz oder Jugendrecht ausriichten.

Wichteg fir ons ass awer d'Preventioun. Mir géife souguer soen: Dat ass de wichtegsten Deel, deen eis misst politesch engagéieren. D'Familljepolitik ass een enorm wichtegt Thema, dat des Öfteren heibannen diskutéiert gëtt, mä dat awer, wa mer d'Resultat kucken, nach hei am Land ëmmer zu engem gewësse Punkt e Stéifkand ass.

Gesond Famillje sinn de beschte Garant, fir datt mer déi dote Problemer net esou oft kënnen erliewen. Gréisstendeels liewen eis Kanner an der Famill, an der Schoul oder an der Structure d'accueil. Et si virun allem dës zwou Plazen, engersäits d'Famill an déi aner Säit déi schoulesch Infrastrukturen, wou d'Kanner sech am meeschten ophalen an déi dann och mussen zesummeschaffen. Well et ass hei op dësem Niveau, wou ganz vill Problemer vun de Kanner un éischter Stell festgestallt ginn.

Et ass wichteg, datt d'Léier- an dat gesamt pedagogescht Personal esou geschoult ass oder muss ginn, fir eventuell Schwächten oder Problemer bei Kanner esou fréi wéi méiglech kënnen ze detektéieren. Duerfir, net nëmme bei der Integratioun, dem Précoce, dee mer virun enger Rei vu Joren agefouert hunn, mä och am Kader vun dëser Campagne ass et wichteg, datt mer de Kanner esou fréi wéi méiglech kënne mat geschoultem Léier- a pedagogeschem Personal am Précoce begéinen. Well wat d'Problemer méi fréi festgestallt ginn, wat éischter kann drop reagéiert ginn.

Zerrappte Familljen hunn oft Konsequenzen, ënnert deenen d'Kanner am meeschten ze leiden hunn. A gescheete Famillje si ganz oft d'Kanner déi Leidtragend, déi do d'Konsequenzen ze droen hunn.

Eis Lëtzebuerger Schoul entléisst all Joer vill ze vill Jugendlecher aus der Schoul ouni Ofschloss. Dat ass d'Resultat awer och - musse mer soen - vun enger Schoulpolitik, déi iwwer Jorzéngte versot huet, well mer et net fäerdeg bruecht hunn, d'Schoul esou ze reforméieren, datt net op d'Schwächten, mä op d'Stäerkte vun de Kanner gesat ginn ass, an datt mer eis Kanner dohinner forméiert hunn, datt se wierklech herno an eiser Gesellschaft an um Aarbechtsmaart kënnen existéieren. Mäi Kolleeg Robert Mehlen huet virun zwee Deeg hei an der Chamber am Detail deen dote Volet entwéckelt.

D'Konsequenze fir déi Kanner, déi ouni Schoulofschloss erauskommen, si ganz dacks dramatesch, net nëmme wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, mä si ginn och dacks sozial an aus der Gesellschaft ausgegrenzt, an da leien der leider och eng Partie vun hinnen op de Stroossen, well se keng Zukunftsperspektive gesinn.

D'Suicidë sinn hei zu Lëtzebuerg ganz héich. Mir leien an Europa wäit mat am Spëtzepeloton. Leider sinn et och ganz vill Jugendlecher, déi mat hirer Situatioun net fäerdeg ginn oder an der Famill, an der Schoul oder am Frëndeskrees.

D'ADR ass duerfir der Meenung, datt mer éischter prioritär eng Politik musse maachen, déi de Familljen hëlleft, fir datt se eegestänneg an uerdentlech an eiser Gesellschaft kënne fonctionnéieren; zweetens, datt awer bei Familljen oder Jugendlecher, wou Problemer bestinn, eist éischt Zil muss sinn, net prioritär Kanner a Strukturen ze placéieren, mä villméi deene Familljen ze hëllefen, fir datt se wa méiglech zesumme kënnen hir Problemer doheem léisen. Mir brauchen awer déi Strukture fir déi Fäll, wou mer keng Léisung fannen. Dat sinn der leider ze vill.

Mir sinn awer och der Meenung, an dat hunn eis vill Leit gesot, mat deene mer an der leschter Zäit geschwat hunn, datt se der Iwwerzeegung sinn, datt hei am Land d'Kanner vill ze vill séier vun den Elteren ewechgeholl ginn a vum Stat a Strukture placéiert ginn. Ee Beispill ass, wou eng Famill mat fënnef Kanner déi fënnef Kanner ewechgeholl kritt huet, well d'Mamm effektiv iwwerfuerdert war. Vill méi schlëmm war awer, datt déi fënnef Kanner a fënnef verschidde Strukture placéiert si ginn, wat fir déi Kanner, fir jiddfer eenzelt, eng Katastroph war, an d'Mamm och dorophi komplett zesummegebrach ass.

Eiser Meenung no wier et méi wichteg, datt mer an esou Fäll net géifen d'Famill auserneerappen a se dann nach méi belaaschten, mä datt een och do géif - an dat hei Gesetz misst dat jo och elo zouloossen - Leit an d'Famill schécken, fir an der Famill ze hëllefen, well wann esou eng Famill vläicht all Dag e puer Stonnen Hëllef krit vu geschoulte Leit, déi hinne géifen do hëllefen, wou Problemer sinn, an hinne géife weisen, wéi se aus de Problemer kéinten erauskommen, dann hätte mer wahrscheinlech méi geschafft. Wa mer eng Persoun an eng Famill géife schécken, fënnef oder aacht oder jee nodeem wéi vill Stonnen, dann hätte mer där Famill méi gehollef, mir hätten e bessert Resultat, an et wier sécherlech zum Schluss och nach méi bëlleg.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- D'Aarmut ass en anere Problem, dee mer hei zu Lëtzebuerg kennen.

Quitte datt mir d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg d'selwecht definéieren, wéi se am Ausland definéiert gëtt, an doduerch eis Aarmutsgrenz, a Frangen oder an Euro ausgedréckt, vill méi héich läit, hu mer awer 14% vun de Kanner zu Lëtzebuerg, déi ënner oder ëm d'Aarmutsgrenz liewen. 40% vun deene Kanner hu Retarden an hirer Entwécklung. Et ass och d'Resultat vu politeschen Décisiounen, datt eise Solidaritéitsprinzip, vun deem mer esou dacks schwätzen, dach awer an den Hannergrond réckelt.

Mir mierken, datt mer och heibannen an den Diskussiounen, wann et ëm d'Ëmverdeele vun uewen no ënne geet, ganz dacks Problemer hunn. Mir hunn, wéi mer virun zwee Joer de Kannerbonus agefouert hunn, vu verschidde Säiten heibannen héieren, datt dunn d'Solidaritéit net méi esou grouss war.

Ech muss allerdéngs soen, datt déi Oppositioune sech an der Zwëschenzäit geluecht hunn, well bei deenen neien Décisiounen, déi elo proposéiert si ginn, fir Crédits d'impôts anzeféieren, wat also eng Negativsteier ass - also eng Ëmverdeelung vun uewen no ënnen -, sinn ech frou festzestellen, datt déi an der Zwëschenzäit awer praktesch op kee Widderstand méi stoussen.

Dat ass eng Ëmverdeelung vun uewen no ënnen, an dat schéngt mer och wichteg ze sinn, datt mer also de Familljen, virun allem deenen, déi schwaach dostinn, méi zur Verfügung stellen, well d'Aarmut ass och ee vun de Problemer, ënnert deenen a priori d'Kanner leiden, an d'Aarmut ass och haut ëmmer méi, wann eis Informatioune richteg sinn, eng vun den Ursaachen, déi um Ufank stinn, datt herno musse Kanner placéiert ginn.

Ech betounen also nach eng Kéier, datt et fir eis méi wichteg ass, datt mer d'Ursaache vun där Problematik uginn, datt mer an d'Bekämpfung vun der Aarmut investéieren, wéi wa mer herno mussen an d'Follege mat hiren dramatesche Konsequenzen investéieren.

Fir eis ass och d'Matsproocherecht vun de Kanner a vun den Eltere wichteg. Haut si mer jo um Internationalen Dag vun de Kannerrechter. Mir wieren och duerfir frou, wa mer géifen hei zu Lëtzebuerg - an ech mengen, d'Virriedner hunn dat och scho gesot - d'International Kannerrechtskonventioun oder déi vum Conseil de l'Europe esou séier wéi méiglech ëmsetzen, well déi eis dann och géifen an d'Gitt huelen, fir ze reagéieren, an eis an d'Flicht géifen huelen, fir datt verschidde Gesetzer géifen ëmgeännert ginn, fir konform zu deene Konventiounen ze ginn.

Et ass vläicht grad dat eng Ursaach, déi dat och dokumentéiert, well mer déi Konventiounen net ëmsetzen, well eben d'Politik, d'Regierung verschidde Saachen, déi an deene Konventioune stinn, déi mer wuel als Land mat ënnerschriwwen hunn, awer nach net ëmgesat hunn, fäert oder deenen och net Rechnung droe wëllt an dann hei am Land och net déi eenzel Gesetzer a Bestëmmunge revidéiere wëllt.

Den ONE, Office national de l'enfance, deen elo hei agefouert gëtt duerch dëst Gesetz, ass vu menge Virriedner haut vu ville Säiten ugeschwat ginn, virun allem wat seng Roll, seng Kompetenzen a Fonctionnementer ubelaangt.

Ass et eng zentral oder/an eng zousätzlech Instanz ënner engem Ministère? Wéi wäit gi seng Fräiheeten? Wéi wäit kann en de Fuerderungen, déi mir an esou engem Gesetz stellen, gerecht ginn?

Am Projet ass virgesinn, datt d'Kanner an d'Famillje sech kënnen direkt un deen nei geschafenen ONE wennen. Et ass awer d'Fro, wann no de Propositioune vläicht keng Accorden zustane kommen, wann et dann eben do eng Décisioun gëtt a leschter Instanz vun dem Direkter, ob d'Familljen oder d'Kanner dann och eng Méiglechkeet hunn, do schonn e Recours ze maachen oder eng Contre-expertise ze verlaangen iwwert dat, wat iwwer si décidéiert ginn ass.

D'Rolle vum ONE an de Jugendgeriichter sinn awer och eiser Meenung no net kloer definéiert. An ech hunn, mengen ech, aus de Wierder vun der Madame Err an der Madame Loschetter hei eraushéieren, datt déi, déi an der Kommissioun sinn, dat och esou gesinn. Well ech muss do soen, datt mir an dëser Kommissioun net vertruede sinn an duerfir der Meenung waren, datt mir als Netmembere vun där Kommissioun bei der Lecture vum Text dat vläicht net esou richteg géife verstoen. Mä mir hunn awer de Mëtteg hei confirméiert kritt, datt déi Leit, déi an där Kommissioun sinn, och ganz vill Problemer hu mat der Interpretatioun, wéi dann elo sollen den ONE respektiv d'Jugendgeriicht zesummen oder niewenteneen oder matenee fonctionnéieren.

Prinzipiell si mer och der Meenung, datt d'Kanner net op d'Jugendgeriicht geféieren, mä datt den ONE eng éischt Ulafstell soll sinn. D'Fro ass awer: Wann elo Instanzen oder Kanner sech um Geriicht mellen, gëtt dann d'office dat weidergeleet un den ONE oder bleift dat dann um Geriicht?

D'Fro stellt sech och, wann d'Kanner oder d'Eltere mat den Décisioune vum ONE net averstane sinn, si mer dann erëm an der aler Prozedur dran, datt et dann automatesch erëm weider op d'Geriicht geet?

Dat sinn eng Rei vu Froen, wou mer frou wieren, wa mer nach eng Äntwert op se kriten.

D'Finanzéierung ass en anere wichtegen Deel, deen an dësem Gesetz behandelt gëtt. Do ass am Gesetz eng nei Méiglechkeet niewent där aler, dat heescht, wou soss de Stat iwwert de Budget Poste fixéiert a finanzéiert, gëtt elo am Fong eng nei Variant geschaf, wou no Leeschtungen eng Facture ausgestallt gëtt, no Leeschtungen, déi op Stonnen oder Wochen oder Méint ausgedehnt ginn. Ähnlech, géif ech soe vläicht, wéi bei der Fleegeversécherung, wou mer och e System hunn, wou esou vill Stonnen zur Verfügung gestallt ginn oder Minutten, déi da vun der Fleegeversécherung bezuelt ginn.

De Problem mam Personal, wat fest agestallt ass, schéngt eis awer hei e seriöe Problem ze sinn. Duerfir sinn och vläicht déi gewëssen Onrouen am Secteur opkomm, well mir wësse jo, datt déi eenzel Etablissementer déi Leit mussen - an dat ass och richteg esou - mat engem feste Vertrag astellen. A wa se da finanzéiert ginn opgrond vu Kanner oder Jugendlechen, déi se bei sech ophuelen, an dofir dann d'Stonnen oder esou finanzéiert kréien, a si hunn zu engem gewëssenen Zäitpunkt net méi genuch Kanner an engem Haus, wat elo wënschenswäert wier, dann hu se awer hiert Personal fest agestallt. Doweinst gesäit d'Gesetz zwar vir, datt fir déi doten eng gewëssen Iwwergangszäit kann do sinn, wou dann de Stat fir déi Leit eppes ka bezuelen.

Mä mir mierken, datt och am Kader vun der Fleegeversécherung déi Haiser, déi awer fest Personal agestallt hunn, ëmmer erëm kucken, fir och genuch Fleegefäll an hir Haiser eranzekréien, fir iwwert dee Wee dann och d'Käschte gedeckt ze kréie vun deem Personal, wat se definitiv agestallt hunn.

Mir fäerten, datt mer hei dann och kéinten an esou eng Situatioun kommen, déi zur Konsequenz hätt, datt herno am Fong géife Kanner placéiert ginn, well mer esou vill Leit beschäftegt hunn, deenen hir Paie musse bezuelt ginn an déi nëmme kënne bezuelt ginn, wann och esou vill Kanner do betreit ginn. D'Realitéit kann déi sinn, an duerfir, och wann de System elo zouléisst, datt déi eenzel Leit de Choix kënnen hunn tëschent deem alen an deem neie System, fäerte mir awer, datt dat doten net onbedéngt positiv ausgeet.

Dann hu mer eng ganz Rei vu Reglementer ze huelen. Ech mengen, datt villes nach opsteet an dësem Projet, wat net beäntwert ass. Dat beweist einfach och, datt hei Motiounen deponéiert gi sinn, wou ebe gekuckt gëtt, datt d'Kommissioun oder d'Chamber nach informéiert gëtt, wat an de Reglementer steet. Et ass also nëmmen e Kader, géif ech soen, mä d'Ausféierungsbestëmmungen, wéi et wierklech herno an der Praxis fonctionnéiert, sinn zu dësem Zäitpunkt net do.

Et ass also och net gewosst, wéi herno de Fonctionnement genau vum ONE oder vum Conseil supérieur ass. Mir wëssen net, wéi déi genau Zuel vu Personal ass. Et ass just opgezielt, wat fir eng Leit géifen dohinnerkommen.

Gëtt dat elo all Joer iwwert d'Budgetsgesetz oder gëtt dat vum Ministère festgeluecht? Wéi grouss kann dee Personalkader ginn?

Et ass och net opgefouert, och net an de Rapporten, wéi de Käschtepunkt géif ausgesi vun deem Ganzen.

Et sinn also eng ganz Rei vu Froen, déi op sinn, Här President, Dir Dammen an Dir

Hären, wat och net zouloosse wäert, datt mir als Partei dësem Projet kënnen zoustëmmen, et sief, datt d'Madame Ministesch eis op all déi Froen a Bedenken, déi mer hunn, elo géif eng kloer Äntwert ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet nach den Här Jaerling d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech sinn net méi esou schnell. Dat Eenzegt, wat ech séier maachen, ech gi séier midd.

Merci, Här President. Och dem Här Rapporteur wollt ech Merci soe fir säin explizite Rapport, deen all déi Aarbechten, déi an der Kommissioun gemaach gi sinn, kloer opgezeechent huet. Ech wëll elo am Ufank net am Detail op de Projet agoen, mä einfach emol kloerstellen, ëm wat et geet.

Et geet ëm d'Kanner, a mir mussen eis bewosst sinn, dass d'Kannerzäit an d'Jugendzäit déi schéinsten Zäit vun engem Mënsch ass, normalerweis, wann en deementspriechend encadréiert gëtt. Dat kënnen natierlech déi net verstoen, déi direkt grouss op d'Welt komm sinn. D'Kanner ze schützen, fir hinne vun Ufank un eng schéi Kandheet a Jugend ze garantéieren, dat ass eis Flicht. Mat dësem Projet, an deenen domadder agefouerten Institutiounen an Infrastrukturen, gëtt dës Méiglechkeet geschaf, och wann do hannendrun nach eng Rei Reglementer leien, fir d'Ausféierungsbestëmmunge méi kloer ze maachen. Déi Reglementer hunn de Virdeel, dass se méi flexibel sinn, esou dass net all Kéier muss um Gesetz nogebessert ginn.

Dat Gesetz hei hëlleft d'Kanner ze schützen, well et gëtt einfach näischt méi Verwerfleches a Schlëmmes, wéi wann eng Persoun, an déi e Kand Vertrauen huet, sech un him vergräift oder hir Autoritéit mëssbraucht, fir hiren eegene Frust un engem Kand auszeloossen. Mä ech wëll awer soen, dass bei alle Schutzmoossname fir d'Kand, awer och net vergiess däerf ginn, dass d'Elteren nach ëmmer d'Autoritéit iwwert d'Kanner behale mussen, an dass et nach ëmmer hir Roll muss bleiwen, de Kanner schonn ab dem jéngsten Alter hir Grenzen ze weisen, fir se drop virzebereeden, dass am Liewen net alles esou geet, wéi se dat wëllen, mä dass et ëmmer erëm eng bestëmmten Uerdnung ze respektéiere gëtt.

Kanner verspieren alles méi sensibel wéi Erwuessener, hunn awer och ganz oft d'Tendenz, villes, wat Erwuessener maachen, als normal ze ëmfannen. Oft reagéiere se dann eréischt ze spéit, wa se bis mierken, wat wierklech mat hinne geschitt. Dofir mengen ech, dass de Volet vun der Preventioun, menger Usiicht no, mat ee vun deene wichtegste Voleten an dësem Gesetz ass an dofir muss intensiv gefördert ginn.

Här President, elo zum Projet. Mir hate 14 Méint laang Zäit, fir an der Kommissioun dee Projet ze diskutéieren. Et si wuel eng Rei Iwwerleeungen erabruecht ginn, fir Verschiddenes ze ännere respektiv ze verbesseren. Mä elo stellen ech fest, dass hei eng ganz Rei Kritiken ubruecht ginn a Motioune virleien, déi d'Gesetz am Nachhinein wëlle verbesseren, respektiv déi dorobber erauslafen, eng schnellstméiglech Evaluatioun dovun ze maachen.

Wann een och domat d'accord ka sinn, dass eng Evaluatioun vun deem Gesetz soll kommen - well et gëtt jo kee Gesetz, wat perfekt ass, an doriwwer eraus ass et jo kloer, dass een ëmmer soll kucken, ob dat, wat een agefouert huet, och dat ass, wat ee wierklech wollt -, hunn ech, trotz alle Kritiken, déi an der Kommissioun virbruecht gi sinn, och haut keng konkret Argumenter héieren, fir dat Gesetz besser ze maachen, an deem Sënn wéi Verschiddener dat hei gär gehat hätten.

Et schéngt mer also, wéi wa Verschiddener 14 Méint laang an der Kommissioun geschlof hätten an elo hei, an der politescher Final, e bëssen erwächen, hei grouss optrieden an dat Gesetz praktesch ganz a Fro stellen. Dat ass eppes, wat ech net verstinn, a wou ech einfach soen, dass dat awer wierklech e schlechte politesche Stil ass, well et kann een zu all Moment an der Kommissioun Amendementer erabréngen. Amendementer, déi begrënnt oder fundéiert sinn, sinn och nach ni - souguer meng net, an dat wollt ech och emol op dëser Plaz gesot hunn - an enger Kommissioun op d'Säit geluecht ginn, wéi wa se näischt wäert wären, mä si sinn ëmmer diskutéiert ginn, an hir Valeur ass ëmmer appréciéiert ginn.

Wann een also wierklech hätt wëllen dat Gesetz hei besser maachen, dann hätt ee 14 Méint laang Zäit gehat, fir seng Amendementer eranzebréngen, an et hätt ee souguer haut nach Zäit gehat, fir Amendementer eranzebréngen. Leider sinn där Amendementer keng komm. Ausserdem fannen ech, dass dat Gesetz awer nach guer net esou schlecht ass, wéi dat hei deelweis duergestallt ginn ass, an dofir wäert ech et och stëmmen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Minister Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif wëllen ufänke fir dem Här Rapporteur Jean-Paul Schaaf meng Félicitatiounen a mäi Merci auszedrécke fir säi gudde Rapport, deen en esougutt schréftlech wéi och mëndlech gemaach huet.

Zweetens géif ech mech deene Wierder vum Här Jaerling uschléissen. 14 Méint hate mer Zäit fir Amendementer. Et ass eng Kommissioun, an där ech all Kéier do war, a wou all Kéier jiddferee gefrot gouf, wat en dozou ze soen hätt. Wann een dann näischt dozou ze soen huet, dann ass et vläicht awer e bësse bëlleg, heihinner ze kommen an ze soen: Mir kënnen dat net stëmmen, well mer wëssen net, wat et heescht. Doriwwer muss jiddferee mat sengem Gewëssen eens ginn, ob en haut dat Richtegt mécht vis-à-vis vun de Kanner, oder ob en dat net mécht. All Gesetz kann ëmmer verbessert ginn, kann all Dag verbessert ginn, mä wann een net wëllt, datt e Gesetz kënnt, da mengen ech awer, datt een domadder seng Flicht net erfëllt huet.

Här President, ech hunn 20 Minutten Zäit, fir hei zu all deene Froe Stellung ze huelen a meng Kommentaren iwwert d'Gesetz ze maachen. Ech si frou, datt et den 20. November ass, datt et de Kannerrechtsdag ass, an och haut deen Dag ass, wou d'Madame Rodesch als Presidentin vum ORK hire Rapport presentéiert. Wann Der dee bis hutt - ech hunn en haut de Moie kritt, mat den Explikatiounen derbäi -, da wäert Der gesinn, datt deen dëst Joer zu engem groussen Deel der Aarmut gewidmet ass. Ech denken, datt eng Partie vun de Kommentaren a Virschléi, déi do gemaach ginn, och heihinner passen, an datt et wichteg ass, datt mer dat maachen.

Am Artikel 2 vum Projet soe mer, datt mer déi grouss Prinzipië vun der Kannerrechtskonventioun wëllen ëmsetzen - de Respekt virum Kand, d'Gläichheet vun all Kand, d'Verbidde vun all Form vun Diskriminatioun, den Intérêt supérieur vum Kand -, dat heescht, datt d'Länner, d'Gemengen, d'Familljen, d'Schoulen, d'Spideeler, d'Maisons relais sech dozou engagéieren, fir d'alleréischt am Interessi vum Kand ze agéieren.

Mat dem Artikel 2 gëtt och all Form vu Gewalt géint Kanner verbueden, an ech wëll drop opmierksam maachen, datt extra an dësem Gesetz drasteet, datt mer eis och do dergéint wieren, datt Genitalverstümmelungen hei zu Lëtzebuerg däerfe virgeholl ginn.

Mat dësem neie Gesetz gi mer och an de Krees vun 18 aneren europäesche Länner opgeholl, déi sech, op Initiativ vum Europarot, per Gesetz fir eng Erzéiung ouni Gewalt an de Familljen, an der Schoul an an der Gesellschaft asetzen. An deem Kontext géif ech lech wëllen un eng Elterecampagne mat Broschüren a Plakaten erënneren, déi de Familljeministère fir de Familljendag, de 15. Mee dëst Joer, lancéiert hat. Iwwregens, wa mer am Gesetzesprojet vu Kanner schwätzen, dann iwwerhuele mer och Definitioune vun der Kannerrechtskonventioun, wou gemengt ass, datt et Meedercher a Jongen ënner 18 Joer sinn, wou d'Hëllefen awer kënne virugoen, esou wéi dat och de Moment scho geschitt, wann d'Kanner méi wéi 18 Joer al sinn.

Haut de Mëtteg stinn d'Kanner, déi an eisem Land liewen an an Nout sinn, am Mëttelpunkt. Ech muss lech soen, datt déi Nout vill verschidde Facetten huet, an datt d'Ausmooss vum Misär fir mech ëmmer erëm erschreckend ass. Ech soen lech e puer Beispiller: Puppelcher, déi op d'Welt kommen a schonns virun der Gebuert drogenofhängeg sinn; Meedercher a Jongen, déi vu klengem un doheem Affer gi si vu schlëmmster séilescher, kierperlecher a sexueller Gewalt; Jonker, déi u sech selwer, un hirer Situatioun verzweifelen an als eenzegen Auswee de Suicide gesinn; Jonker, déi als Kanner vill Gewalt erlieft hunn, an elo selwer op Gewalt zréckgräifen, fir sech duerchzesetzen.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Dat, wat mir am Interessi vun dëse Kanner wëlle realiséieren, ass, an den Approchë vun der Kannerrechtskonventioun, d'Protection de l'enfant, d'Prestation de services an d'Participatioun. Selbstverständlech brauche mer zu Lëtzebuerg net bei null unzefänken. Mir hunn eng ganz Rei vu Gesetzer a Reglementer, déi jo duerch dëst Gesetz net ausser Kraaft gesat ginn: weder d'Kannergeld nach d'Sécurité sociale nach d'Educatioun nach d'Santé, Transport, Kultur oder Sport oder och d'ASFT-Gesetz.

Mir hunn iwwert d'Land verdeelt e ganz räicht Netz vu villen ënnerschiddleche Servicer, déi de Kanner an hire Familljen hëllefen, wa se an Nout sinn. An all Joer ginn et erëm nei Servicer a spezialiséiert Servicer, déi entstinn, fir mat innovative Konzepter op aktuell Noutsituatiounen ze äntwerten. Dofir wéilt ech deene ville Fraen a Männer, déi sech heifir berufflech oder bénévole engagéieren, mäi Respekt a mäi Merci soen. Mat dësem neie Gesetz wëlle mer hir Aarbecht encouragéieren an och nohalteg ënnerstëtzen.

De Projet de loi iwwert d'Aide à l'enfance schaaft keng nei Servicer, mä en definéiert en neie Kader, an d'Elementer vun deem Kader sinn, datt éischtens d'Kand a seng Familljen d'Recht hunn, fir Hëllef ze froen. Si hunn d'Recht, datt hir Noutsituatioun ënnersicht gëtt.

Zweetens, ob ee Kand Hëllef brauch a wat fir eng Hëllef néideg ass, soll eng onofhängeg a fachlech kompetent Instanz entscheeden, dat ass den Office national de l'enfance.

Drëttens, am Beräich vun der Aide à l'enfance gëtt de Prinzip vun der Participatioun vun de Kanner a vun hiren Eltere fest verankert an en Hëllefsplang gëtt eréischt gülteg, wann d'Kanner an d'Eltere mateneen ënnerschriwwen hunn.

Véiertens, de Projet mécht d'Lëscht vu 26 ënnerschiddlechen Hëllefen, déi vum ONE a vum Jugendgeriicht kënne proposéiert oder ordonnéiert ginn. Souwäit d'Prestatairen disponibel sinn, engagéiert de Stat sech, iwwert de Wee vun enger forfaitairer Participatioun d'Käschten derfir ze droen. Domadder garantéiere mer, datt vill Kanner mat Problemer Hëllefe kréien, wou haut entweder keng Kreditter oder keng konventionéiert Plazen zur Verfügung stinn.

Et ass de Mëtteg ewell méi dacks gesot ginn: Bis elo hu mer dat net a mir maachen dat och net a mir hunn och ni dru geduecht, d'Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Protection de la jeunesse ofzeschafen, mä et sinn awer eng Rei vun Ënnerscheeder, déi an deenen zwee Gesetzer dra sinn.

Wéi all Land ronderëm eis, wëlle mir däitlech ënnerscheeden zwëschent Jugendhëllef a Jugendschutz. Op där enger Säit steet eng Initiativ, déi all bedeelegt Parteie froen an déi fräiwëlleg ass. Op där anerer Säit hu mer d'Agräife vum Stat iwwert den zoustännege Riichter, deen am Interessi vum Kand a fir d'Kand ze schützen alle Parteien eng Rei vu Mesuren, wann néideg, imposéiere kann.

Bis ewell hu mer hei zu Lëtzebuerg kee formelle Kader fir déi Décisiounen, déi aussergeriichtlech kënne geholl ginn. Bei eis am Land ginn zurzäit ronn 80% vun de Kanner an de Foyeren an Heemer dohinner vum Riichter placéiert, a vill vun de betraffene Famillje fille sech doduerch ofgestempelt, veruerteelt a vun der Erzéiung vun hire Kanner ausgeschloss. Et ass dacks e schlechten Ausgangspunkt fir eng gutt a sënnvoll Elterenaarbecht. Esou eng Elterenaarbecht muss awer vun den Heemer zum Wuel vun hire Pensionnairë geleescht ginn.

Zu Recht krute mer op internationalem Plang de Virworf gemaach, datt mer eis Hëllef fir Kanner a Jugendlech iwwermëisseg de Geriichter mat hiren Décisioune géifen iwwerloossen a Rieds geet vun enger iwwerfälleger Déjudiciarisatioun vun der Aide à l'enfance. Mir brauchen och déi aussergeriichtlech Instanzen, wéi se an eisen Nopeschlänner bestinn, d'Jugendamt an Däitschland, d'Direction départementale des affaires sanitaires et sociales a Frankräich, oder och den Office de la naissance et de l'enfance, deen och ONE an der Ofkierzung heescht, an der Communauté française bei de belschen Noperen.

Ech sinn och frou, datt mer an där jëtzeger Versioun vum Gesetzesprojet all eventuell Mëssverständnisser aus dem Wee geraumt kruten an ech géif dofir wëllen eisem Expert, dem Här Jean Zermatten, villmools Merci soen. Den Här Zermatten ass selwer e Schwäizer Jugendriichter gewiescht an ass haut de Vizepresident vum UNO-Comité fir d'Kannerrechter.

Am Artikel 5 steet, datt d'Jugendgeriicht all Kéier befaasst muss ginn, wann d'Kand a physescher oder séilescher Gefor ass, a wann ee Gesetz net respektéiert gouf. All Décisioun vum Riichter steet iwwer Propositiounen, déi den ONE ausschafft. An all Fall, deen dem Jugendriichter virläit, kann den ONE just op formellem Wonsch vum Riichter agräifen.

Et ass also net den ëmgekéierte Wee, datt de Riichter dem ONE eppes muss ginn. E kann dat maachen. E muss dat awer net maachen. Mä wann den ONE gesäit, datt e Problem ass vun engem Kand an d'Elteren oder d'Kanner net domadder d'accord sinn, da muss e selbstverständlech dat virugi bei de Jugendriichter, fir d'Kand domadder och net an d'Gefor ze setzen.

Dat gesot, ass et selbstverständlech den ausdréckleche Wonsch, datt all betraffen Instanzen am Interessi vum Kand enk zesummeschaffen.

Den ONE huet net nëmmen d'Missioun, fir mat den Elteren an de Kanner ze schaffen, op si ze lauschteren, hinne Rechnung ze droen a si ze motivéieren; et ass och seng Aufgab, fir all Prestatairë ronderëm een Dësch ze huelen an déi néideg Hëllefspläng mat hinnen zesummen auszeschaffen.

Am Familljeministère hu mer um Beispill vu reelle Situatioune mat de Vertrieder vun deenen ënnerschiddleche Gremien dat duerchgespillt, wéi déi Zesummenaarbecht mam ONE konkret kann ausgesinn. Fir déi oppen a fair Zesummenaarbecht geet mäi Merci un d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter vun der Entente des gestionnaires des centres d'accueil, vun der Association des directeurs des centres d'accueil vum SCAS, vum CPOS an och vun der Ligue médico-sociale.

Dir gesitt also, datt dat net eppes ass, wat mer hei an d'Land setzen, mä wat mer och probéiert hunn ze kucken, ob et an der Realitéit kéint fonctionnéieren.

Deen neie Conseil supérieur ass fir mech e wichtege Garant vun oppener a kompetenter Zesummenaarbecht am Beräich vun der Aide à l'enfance et à la famille an an deem Gremium sinn déi implizéiert Ministèren, d'Geriichtsinstanzen, d'Prestatairen an och déi professionell Acteuren aus deene verschiddene Beräicher vertratt. Dräi vun deene 16 Membere gi bestëmmt duerch déi Associatiounen, déi d'Familljen, d'Elteren oder déi Jugendlech vertrieden, an domat sëtze si och mat um Dësch, wou dann deen heite Projet mat ausgefouert gëtt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Den Office national de l'enfance ass onofhängeg. Dat heescht, hien ass selwer net Prestataire. An domat steet en och net a Konkurrenz mat all deene Servicer, déi ënnerschiddlech Moossnamen organiséieren.

Den ONE iwwerhëlt déi néideg Missioun vun der Concertatioun, der Vermëttlung an der Koordinatioun. An en huet d'Aufgab, derfir ze suergen, datt fir e Kand an Nout en Hëllefsplang opgestallt, ëmgesat a finanzéiert gëtt. Wéi gesot, déi Missioun huet zurzäit hei zu Lëtzebuerg keen anere Gremium.

De SCAS intervenéiert am Kader vun der Protection de la jeunesse, also vun de geriichtleche Mesuren, an d'Commission médico-psychopédagogique ass zoustänneg fir de Schoulberäich.

Selbstverständlech muss den ONE mat allen Instanzen enk zesummeschaffen. Dat gëllt och fir seng Relatioune mat deene ville verschiddenen an ënnerschiddleche Servicer, déi an deene meeschte Fäll ewell Kontakter hate mat dem Kand an déi hir Situatioun méi oder manner gutt kennen; wat och de Mëtteg ewell hei gesot gouf.

Déi künfteg Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum ONE brauchen eng grouss Kompetenz am Beräich vum Dialog an och vun der fairer Konfrontatioun. An ech si frou, datt mer konnten op de Wee goen, datt dës Mataarbechter op en innovative Wee duerfe rekrutéiert ginn.

Wichteg ass och, datt den ONE vum Gesetz hier d'Méiglechkeet kritt, fir punktuell op d'Servicer vun ënnerschiddlechen Experten zréckzegräifen, well sécher net jiddfereen Expert a Spezialist an all Fro ka sinn. An op deem Wee kann, wann et néideg ass, d'Wëssen an d'Erfahrung aus deenen eegene Reie vergréissert ginn.

Selbstverständlech respektéiere mer och d'Législatioun iwwert d'Protection des données.

Ee wichtegt Kapitel ass ouni Zweifel d'Preventioun. Wann een d'Geschicht vu villen onglèckleche Jugendlechen héiert, da muss ee bedaueren, datt dacks vill ze spéit op d'Nout vun de Kanner reagéiert gouf. Vill Misär wier de Kanner erspuert bliwwen, vill Placementer hätte kënne verhënnert ginn, wann éischter gehandelt gi wier.

Mat dësem Projet de loi setze mer en neien Akzent am Beräich vun deene ville Mesuren, déi am Virfeld vum Accueil am Foyer méiglech sinn. Do, wou et Sënn mécht, muss eng Famill esou séier an esou fréi wéi méiglech an op differenzéiert Aart a Weis gehollef kréien.

Ech verweise gären nach eng Kéier op déi ausféierlech Lëscht vum Artikel 12, an ech wëll just eng Rei interessant Beispiller zitéieren, wéi zum Beispill d'Aide familiale - vun där och den Här Gibéryen elo grad geschwat huet -, Erzéiungshëllefen, frühkindliche Förderung, psychomotoresch Hëllef, Reittherapie, Vakanzaktivitéiten, Mediatioun an esou virun. Beispiller, déi eppes gemeinsam hunn: Si ënnersträichen d'Wichtegkeet vun der Preventioun.

Ech wëll selbstverständlech och zu den Aussoen hei iwwert d'Maisons relais soen, well am Artikel 12 baséiere mer op engem wesentleche Prinzip vun der Kannerrechtskonventioun, vun der Erzéiung vun de Kanner, wou d'Elteren déi éischt an déi wichtegst Acteure sinn. Mä d'Famillje brauchen d'Ënnerstëtzung vum Stat a vun de Gemengen.

Den zweeten Abschnitt vum Artikel 12 nennt fënnef Ziler bei där Hëllef vu baussen:

- éischtens, Famill a Beruff kënnen ënner een Hutt ze brëngen;

- zweetens, d'Elteren an der Erzéiung vun de Kanner stäipen a beroden; hinnen déi spezifesch Servicer vermëttelen, déi hir Kanner ënner Ëmstänn brauchen;

- drëttens, d'Kanner vu klengem un ze stimuléieren, fir datt si hir Fäegkeete kënnen entwéckelen;

- véiertens, verhënneren, datt d'Kanner materiell, sozial a kulturell ausgeschloss ginn,

- a fënneftens, d'Kanner zu engagéierten a responsabele Bierger ze erzéien. An eent vun deene wichtegsten Handlungsinstrumenter op deem Plang ass fir eis d'Maison relais, wou de Familljeministère zesumme mat bis elo alle Lëtzebuerger Gemengen zënter zéng Joer amgaang ass ze entwéckelen.

Den Artikel 12 ass dofir och déi legal Basis fir de Règlement grand-ducal iwwert d'Chèques-services, déi mer fir den 1. Mäerz 2009 hei zu Lëtzebuerg an enger éischter Etapp aféieren.

De Chèque-service huet zwou wichteg Zilsetzungen:

Éischtens, all Kanner solle finanziell gënschteg Konditiounen ausserhalb vun der Schoul an eng qualitativ gutt Betreiung kréien. Dobäi hunn d'Maisons relais d'Aufgab, fir op eng flexibel Manéier d'Famill, d'Schoul an d'Gemeinschaft als Erzéiungspartner mateneen ze vernetzen. An d'Chèques-services sinn, esou wéi et elo grad hei gesot ginn ass, en Instrument am Kampf géint d'sozial Exklusioun.

Et ass néideg, datt mer alles maachen, fir déi transgenerationell Spiral vun der Aarmut ze ënnerbriechen. Dat ass am Interessi vun de Kanner. Et ass awer och am Interessi vun eis alleguerten. An och wa Leit, déi den RMG kréien, hir Kanner kënnen an eng Maison relais kréien a schaffe kënne goen, dann denken ech, datt dat fir keen heibannen a sengem Interessi wier. Ech wëll do e Wuert soen iwwert d'Gestioun vun der Qualitéit.

Am Artikel 13 ass Rieds vun „quality management" an de Servicer, déi de Kanner an hire Familljen hëllefen. D'ASFT-Gesetz regelt just den Aspekt iwwert d'Kritäre vun de Personaleffektiver a vun der Beruffsqualifikatioun.

De Gesetzesprojet iwwert d'Aide à l'enfance geet méi wäit. D'Servicer kréien eng Rei vun zousätzlechen Oploen. Dozou gehéieren d'Obligatioun vun enger Betribsphilosophie an engem Règlement d'ordre interne. De Service muss weisen, datt e sech engagéiert géint all Form vun Diskriminatioun, datt en d'Participatioun vun de Kanner eescht hëlt.

Op Initiativ vun der Famillejekommissioun, wat beweist, datt, wa Propositioune komm sinn, se dann och respektéiert goufen, huet d'Chamber Wäert drop geluecht, datt all Servicer sech engagéiere géint Drogen a Gewalt an och aktiv matschaffe bei der Preventioun vum Suicide. Wichteg ass dann nach, datt déi Servicer net nëmme sech selwer evaluéieren, mä dobäi och op extern Spezialisten zréckgräife kënnen.

Ech denken, datt ech domadder eng ganz Partie vun deene Froe beäntwert hunn, déi haut de Mëtteg hei gestallt goufen. De Moment sinn 999 Kanner placéiert, am Ausland, am Inland, an de Familljen an an den Institutiounen. Mir hunn an deene leschte Joren eng ganz Partie vun esou Servicer opgemaach a mir gesinn ëmmer erëm, datt et nach net duergeet. Mir hate kuerz d'Geleeënheet, fir am Centre hospitalier ze sinn, wou d'Doktere gesot hunn, datt se erëm eng Kéier eng Waardelëscht hätte vu Kanner, déi an der Maternité respektiv an der Kannerklinik sinn, wou se näischt verluer hunn. Well elo ass d'Haus Françoise-Dolto, wat mer d'lescht Joer opgemaach hunn, och ewell erëm iwwerfëllt, a mir mussen also erëm kucken nei Strukturen ze schafen, wou mer och ganz kleng Kanner kënne placéieren.

Dat beweist also, datt déi Angscht onberechtegt wier. Et wier am Fong schéin, wa mer et kéinte fäerdeg kréien, datt mer all déi Servicer manner bräichten. Mä leider kréie mer bewisen, datt et eigentlech just de Contraire ass.

Et ass gefrot gi vun der Madame Err, ob den ORK nei Kompetenze kéint kréien. Mir musse gesinn, datt den ORK - dat ass den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, well mer ëmmer mat deenen Ofkierzungen do hantéieren, an déi Leit, déi sech net all Dag domadder beschäftegen, dat vläicht net wëssen - virun allem e Kontrollorgan ass. E Kontrollorgan vun de staatlechen Instanzen, mä awer och fir ze kucken, ob fir de Rescht alles an der Rei ass. Ech kéint mer duerchaus virstellen, datt een och kéint iwwert d'Diskriminatioune vis-à-vis vun de Kanner sech iwwerleeën, awéiwäit een dem ORK och doranner kéint nei Kompetenze ginn.

Wéi héich ass d'Finanzéierung? Do denken ech, datt dat eent am Fong net kontradiktoresch zu deem aneren ass. Am Ufank hu mer ëmmer gesot kritt: Dir wëllt dem Geriicht seng Stellung ofhuelen an Dir géift lech gären dorëmmer këmmeren. Dofir ass eng ganz Partie vun deem, wat mer initial geplangt hunn, net méi am Projet dran. Och de Statsrot huet ganz gutt dorobber opgepasst, datt mer do net ze vill op d'Platebandë getrëppelt wieren, wou ech mengen, datt mer soss ee Schrëtt méi wäit komm wieren.

Mä och d'Finanzéierung war en Thema, wou mer laang a vill driwwer diskutéiert hunn. Et ass ni drëm gaangen - an ech wëll och wierklech hei, datt jiddfereen dat zur Kenntnis hëlt -, datt mer heimat géifen ee Frang spueren. Well mir sinn eis duerchaus bewosst, datt all Frang, dee mer a Kanner investéieren, all hallwen Centime, dee mer a Kanner investéieren, déi e brauchen, gutt ugeluechtent Geld ass. A wa mer et do net investéieren, da kascht et herno d'Gesellschaft nach vill méi deier. Dofir ass et fir mech ganz kloer, datt mer musse gesinn, awéiwäit datt mer och mat deene Finanzementer kommen, déi elo do sinn, a wat een nach Zousätzleches doriwwer an der Zukunft ka maachen.

Ech si bereet, fir déi sämtlech Motiounen, déi hei déposéiert goufen, unzehuelen. Wou eng Kéier gefrot gëtt, fir datt d'Règlements grand-ducaux an der Famillejekommissioun virgestallt ginn, gesinn ech net, datt dat e Problem géif stellen, well ech déi normalerweis ëmmer mat de Reglementer an der Chamberskommissioun ofginn a virstellen, wann ech se zur Verfügung hunn.

Datselwecht ass d'Fro, fir datt déi verschidden Acteuren a besonnesch och d'Kanner, d'Eltere selwer informéiert ginn, datt et en neie System gëtt, awer och d'Schoulen informéiert gi vum ONE, fir also och dat kënnen ëmzesetzen.

Och déi drëtt Motioun, déi vun der Madame Err a vun anere Kolleegen hei déposéiert gouf, stellt fir mech kee Problem, fir ze soen: Mir evaluéieren no dräi Joer, fir ze kucken, wat d'Problemer waren, wat gutt gaangen ass, wat schlecht gaangen ass. Et brauch een awer minimum dräi Joer. Mir hunn eng Partie vun Evaluatioune gemaach, wou mer eis net genuch Zäit geholl hunn a wou dann och net déi richteg Konklusiounen erauskomm sinn. Mä ech kann domadder liewen, datt dat dräi Joer ass.

Ech wëll just soen, beim Délai vun engem Joer muss ee gesinn, ob dat machbar ass. Wann een da keen Avis hätt vun engem Conseil d'État, dann ass et natierlech schwiereg, fir sech dorunner ze halen. Mä ech wëll awer och soen, datt am Fong de Problem net war, datt net wollt eppes gemaach ginn am Gesetz iwwert d'Gewalt, mä datt eigentlech d'Acteuren um Terrain sech do och net eens sinn, wat se gären hätten. Dat soll changéiert ginn. Mä ech sinn och do bereet, nach eng Kéier an enger Kommissiounssëtzung driwwer ze diskutéieren an ze soen, wat mer an der Zukunft doriwwer Zousätzleches kënne maachen.

Datselwecht gëllt och fir déi véiert Motioun, wou et ëm d'Interventioun geet, fir och d'Mediatioun mat anzeschalten, wann d'Propositioun vum ONE net ugeholl gëtt. Och dat ass eppes, wat mer net contestéieren. Mir hunn, ouni datt mer jo woussten, datt mer dat haut géife gefrot ginn, virgesinn, datt déi verschidde Servicer, déi Mediatioun maachen, och d'nächst Joer mat Personal opgestockt ginn.

Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt ech lech konnt eng Rei vun Explikatioune ginn an eng Partie vu Kolleege konnt iwwerzeegen, datt se dann och dat Gesetz hei kënne stëmmen. Wéi gesot, et ass net a mengem, mä awer am Interessi vun de Kanner, a besonnesch vun deene Kanner, déi hei am Land an och soss net ganz vill Lobby hunn. Dofir soen ech all deenen e grousse Merci, déi haut dat Gesetz hei stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Vote vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5754, Madame Minister, ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir huelen dann déi véier Motiounen, déi déposéiert gi sinn. Ech gesinn, dass déi vun alle Fraktioune gedroe ginn. Duerfir denken ech, dass mer kënne par main levée iwwert déi Motiounen ofstëmmen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun 1, déi vum honorabelen Här Berger déposéiert ginn ass.

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass eng ganz grouss Majoritéit fir dës Motioun.

Motion 2

Dann d'Motioun 2 vun der Madame Err.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Unanimitéit. Dann ass déi och ugeholl.

Motion 3

Dann d'Motioun 3, och vun der Madame Err déposéiert.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Dann ass déi och eestëmmeg ugeholl.

Motion 4

Dann d'Motioun 4, déi och d'Madame Err déposéiert huet.

Vote

Wien d'acccord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn och do Unanimitéit.

Esou dass déi véier Motiounen ugeholl sinn, esou wéi se hei déposéiert waren.

D'Madame Loschetter huet d'Wuert nach gefrot fir den Dépôt vun enger weiderer Motioun.

(Interruption)

7. Dépôt d'une motion par Mme Viviane Loschetter

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRËNG)*.- Merci, Här President. Ech komme bei lech, da kann ech lech déi direkt ofginn.

Motion

La Chambre des Députés,

- estimant que l'accord du Conseil des ministres du travail du 9 juin 2008 sur la directive révisée sur le temps de travail est décevant;

- estimant qu'une dérogation à la règle des 48 heures de travail hebdomadaire bafoue les bases de la politique sociale et de santé et ne peut donc être tolérée;

- partageant l'avis de la Confédération européenne des syndicats (CES) qui affirme que le niveau global de protection des employés européens serait considérablement atténué par rapport à la directive actuelle si la directive sur le temps de travail était révisée sur base de l'accord du Conseil;

- supportant la position du Parlement européen adoptée en première lecture qui met fin à l'Opt-out 36 mois après l'entrée en vigueur de la nouvelle directive;

- espérant que les députés luxembourgeois au Parlement européen se prononceront contre le principe de dérogation lors de la deuxième lecture du Parlement européen prévue pour décembre 2008;

invite le Gouvernement:

- à se rallier aux Gouvernements de la Belgique, de l'Espagne et de la Grèce et de se prononcer clairement contre ce principe de dérogation au niveau du Conseil.

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Jean Huss.

De 17. Dezember wäert héchstwahrscheinlech an der zweeter Liesung d'Ofstëmmung vun der Aarbechtszäitdirektiv zu Stroossbuerg gestëmmt ginn. An deem Kontext wollte mer haut eng Motioun ofginn an lech bieden, Här President, déi Motioun bei enger nächster Séance op den Ordre du jour ze setzen, wou den Aarbechtsminister Biltgen ka präsent sinn.

Mir wësse jo, wat um Spill steet; den Opt-out, fir nëmmen deen ze nennen. Mir wollten am Fong geholl d'Regierung invitéieren, sech un déi gutt Initiativ vun de Regierunge vun der Belscht, Spuenien a Griichenland ze ralliéieren a sech prinzipiell géint déi Derogatiounen um Niveau vum Conseil auszedrécken.

Fir déi kënnen ze stëmmen, wéi gesot, Här President, biede mer lech, déi op den Ordre du jour vun enger nächster Séance ze setzen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Mir wäerten derfir suergen, dass déi op den Ordre du jour kënnt.

Da komme mer zum Projet de loi, mat deem den Artikel 545 vum Code civil ofgeännert gëtt. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Meyers.